*Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Charles Weiler) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Mandy Minella) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Domat wär dann dëse Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss.

Ech wëll just d'Chamber informéieren, datt an enger kuerzer Zäit och fir déi, déi hongereg sinn, gesuergt ass an datt e puer Saachen zerwéiert wäerte ginn. Elo awer nach net.

*(Hilarité)*

An enger gewëssener Zäit eréischt.

## 12. 8732 – Projet de loi sur l'accueil des demandeurs de protection internationale et des bénéficiaires de la protection temporaire et portant modification de :

**1° la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles ;**

**2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ;**

**3° la loi du 4 décembre 2019 portant création de l'Office national de l'accueil ;**

**4° la loi du 7 août 2023 portant organisation de l'assistance judiciaire et portant abrogation de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;**

**5° la loi du 18 juillet 2025 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations et services fournis dans les structures d'hébergement pour personnes âgées et dans les logements encadrés agréés**

An elo komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8732 iwwert den Accueil vun Demandeurs d'asile a vun de Beneficiairë vun engem temporairë Schutz. D'Riedezäit ass nom selwechte Modell wéi virdru festgeluecht, an zwar dem Modell 2. Dir kennt d'Riedezäite vun deenen engen a vun deenen aneren. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Claire Delcourt, den Här Dan Hardy, d'Madamm Djuna Bernard an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble, de l'Accueil, de l'Égalité des genres et de la Diversité***

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen. An de leschte Joren ass den Drock am Asyl- an Accueilsberäich an Europa méi grouss ginn. Geopolitesch Instabilitéit, bewaffnet Konflikter an humanitär Noutsituatioune maachen net u Grenzen Halt a stellen d'Memberstaaten ëmmer nees viru gemeinsam Erausfuerderungen.

Dat ass och de Kontext, an deem 2024 no laange Verhandlungen op EU-Niveau de Migratiouns- an Asylpakt ugeholl gouf. Säin Zil ass et ënner anerem, d'Prozeduren an d'Accueilsconditiounen an der Europäescher Unioun méi staark ze harmoniséieren an domat och sekundär Beweegungen tëscht de Memberstaaten ze reduzéieren.

Lëtzebuerg huet do schonn e gudde Kader, op deem kann opgebaut ginn. Mee grad esou eng europäesch Harmoniséierung ass eng gutt Geleeënheet, fir dëse Kader ze aktualiséieren, méi kohärent ze maachen an do nozebesseren, wou d'Praxis gewisen huet, datt et néideg ass. Mir wëllen e System, deen op Solidaritéit baséiert an an deem d'Responsabilitéit tëschent de Memberstaaten esou fair wéi méiglech verdeelt gëtt, an dat, andeems de Respekt virun de fundamentale Rechter ëmmer am Mëttelpunkt vun den Iwwerleeunge steet.

De Migratiouns- an Asylpakt besteet aus enger Rei vu Reglementer an enger Direktiv. D'Reglementer betreffe virun allem d'Asylprozeduren a goufen iwwert de Projet de loi 8684 ëmgesat. Op dee si mer jo virdrun am Detail och agaang.

Andeems mir haut iwwert dëse Gesetzesprojet ofstëmmen, transposéiere mir déi nei europäesch Direktiv an nationaalt Recht. Gläichzäiteg ersetze mir domat eist Accueilsgesetz vun 2015 duerch en aktualiséierten a méi kohärente legale Kader, e Kader, deen den 12. Juni 2026 soll a Kraaft trieden.

De Projet de loi huet verschidden zentral Ziler: e Plan de contingence fir Krisesituatiounen, e méi einfachen Accès op den Aarbechtsmaart an op d'Sproochen-, Formatiouns- an Integratiounscoursen an eng méi kloer Prise en charge vu vulnerabele Persounen a Mineurs non accompagnés souwéi Prezisioune beim ONA, notamment wat den Traitement vu perséinlechen Donnéeën an d'Formatioun vum Personal ugeet.

Fir datt duerch d'Ofschafe vum Accueilsgesetz vun 2015 kee Vide juridique fir Persoune mat temporärem Schutz entsteet, geet dësen Text an deem Punkt méi wäit wéi d'Direktiv a reegelt och den Accès vun de BPTen zu bestëmmte Conditions matérielles d'accueil vum ONA.

Här President, ech ginn elo méi konkreet op déi eenzel Punkte vum Text an a fänken do mam Plan de contingence un. Dëse Plan de contingence, och Noutfallplang, soll et erlaben, besser op Situatioune kënnen ze reagéieren, an deenen et zu engem massiven Zoufloss vu Persoune kënnt. Et geet also drëms, am Virfeld festzeleeën, wéi Accueuilskapazitéite kënnen ausgebaut ginn, wéi zousätzlech mënschlech a materiell Ressourcë kënne mobiliséiert ginn a wéi eventuell Noutstrukture kënnen aktivéiert ginn. Esou e Plang mécht awer just Sënn, wann en och un d'Realitéit vum Terrain ugepasst ass. Dofir gëtt e reegelméisseg – op d'mannst all dräi Joer – iwwerpréift.

E weideren zentrale Punkt vun dësem Gesetz ass den Accès vun den DPIen op den Aarbechtsmaart. An Zukunft dierfe si scho véier Méint an net méi sechs Méint nom Enregistrement vun hirer Asyldemande schaffe goen. Si mussen dofir och keng Autorisation d'occupation temporaire méi ufroen, wéi dat bis elo ëmmer de Fall war.

Wat och nei ass: D'DPIe kréien explizitt Accès op d'Prozedur fir d'Unerkennung vun hire professionelle Qualifikatiounen, déi si sech an hirem Heemechtsland erschafft hunn.

An deem selwechte Geescht steet och den nächste Volet vum Projet, den Accès op Sproochen-, Formatiouns- an Integratiounscoursen. Dat gouf an der Praxis deels schonn ëmgesat, mee et gëtt elo heimat gesetzlech kloer verankert. Wat awer nei ass, ass, datt den DAPA, den Dispositif d'autonomisation des primo-arrivants, elo all DPI zegutt kënnt direkt an den éischte Wochen no senger Arrivée.

D'Iddi dohannert ass kloer: Mir fërdere geziilt d'Onofhängegkeet an domat och e gutt Zesummeliewen an eiser Gesellschaft.

An dësem Kontext spillt och den Accès vun de Persounen zu Informatioun eng wichteg Roll. D'Demandeurs de protection internationale mussen an enger Sprooch, déi si verstinn, kloer iwwer hir Rechter an Obligatiounen informéiert ginn. Dat betrëfft ënner anerem d'Conditions d'accueil, d'Méiglechkeeten, fir Hëllef ze kréien, awer och d'Situatiounen, an deenen d'Conditions matérielles d'accueil kënne limitéiert oder zréckgezu ginn.

De Barreau huet an dësem Kontext virun allem ënnerstrach, dass een tëschent allgemenger Informatioun oder sozialer Begleedung engersäits an der juristescher Representatioun an Assistance judiciaire anersäits ënnerscheede muss. Och d'Kontinuitéit vum Kontakt tëschent enger Persoun an hirem Affekot muss garantéiert bleiwen, besonnesch bei Transferten an engem Beräich, wou d'Delaie fir d'Recoursen dacks kuerz sinn.

Domat kommen ech dann och op de Volet ze schwätzen, op deen dëse Projet ganz besonnesch Wäert leet: den Encadrement vu vulnerabele Persounen. Spezifesch Besoine sollen esou fréi wéi méiglech individuell erkannt ginn, fir datt d'Accueilskonditiounen un déi konkreet Situatioun vun der Persoun ugepasst kënne ginn. Dozou gehéiere beispillsweis Persoune mat kierperlechen oder mentale Beanträchtegungen, eeler Persounen, schwanger Fraen, LGBTI-Persounen, Affer vu Gewalt oder Mënschenhandel an natierlech och Kanner.

Besonnesch wichteg ass hei d'Situatioun vu Mineurs non accompagnés. Bei onbegleete Mineuren ass den ONE zoustänneg fir den Accueil an d'Ënnerbréngung. Direkt bei hirer Arrivée kréie si e Representant zougewisen. Dëse Representant muss och déi néideg Kompetenzen, Formatiounen a Kenntnisser hunn, fir d'Interesse vum Kand wierklech kënnen ze vertrieden.

Et geet hei also net nëmmen ëm eng administrativ Opdeelung vun de Kompetenzen, mee virun allem dorëms, den Interêt supérieur vum Kand wierklech zu all Moment ze garantéieren. Dofir ginn och d'Formatioune fir dat zoustännegt Personal am Text méi kloer formaliséiert. De Fokus läit dobäi besonnesch op de Besoine vun de Mineuren a vulnerabele Persounen, fir dass dës Persounen déi beschtméiglech Betreiung kréien.

De leschte grousse Volet, deen am Projet de loi wéi och an den Avisen eng wichteg Roll spillt, betrëfft d'Verschaffen an den Austausch vu perséinlechen Donnéeën duerch den ONA mat den zoustännegen Autoritéiten.

Den ONA brauch fir seng Missiounen natierlech Accès op eng Rei Informatiounen. Dobäi handelt et sech dacks ëm sensibel Donnéeën, déi RGPD-konform traitéiert musse ginn. Dofir leet de Projet kloer fest, fir wat fir Zwecker d'Donnéeë benotzt ginn, wat fir Donnéeën iwwerhaapt betraff sinn, wéi den Accès op verschidde Fichieren encadréiert gëtt a wéi laang dës Donnéeën och kënne konservéiert ginn.

An deem Sënn begréisst och d'CNPD an hirem Avis, datt d'Finalitéite vum Traitement an d'Kategorië vun den Donnéeën am Gesetz kloer definéiert ginn. Gläichzäiteg erënnert si drun, datt besonnesch d'Gesondheetsdate sensibel Donnéeë sinn, déi speziell geschützt musse ginn, an datt d'Konservéierungsdauer no klore Krittäre festgeluecht muss ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen elo zu den Avise vum Staatsrot. Deen éischten Avis vun der héijer Kierperschaft ass vum 21. Mee 2026. Eng generell Remark betrëfft de Lien tëschent dësem Projet an dem Projet de loi 8684, iwwert dee mir virdru geschwat hunn. Well déi zwee Texter op verschiddene Plazen openee verweisen, huet de Staatsrot ënnerstrach, dass si gutt openeen ofgestëmmt musse sinn an och gläichzäiteg a Kraaft triede sollen, fir keng Lacunnen oder Inkohärenzen an der prakteschen Uwendung ze schafen.

Am Ganze formuléiert de Staatsrot a sengem éischten Avis zwielef Opposition-formellen. D'Amendementer vum 29. Mee hunn dësen Observatioune Rechnung gedroen. Nieft Prezisioune vu verschiddenen Definitioune gouf och clarifiéiert, ënner wat fir Konditiounen eng Persoun vum Benefiss vun de Conditions matérielles d'accueil kann ausgeschloss ginn. Eng einfach Attestation de prise en charge duerch eng drëtt Persoun geet net duer. Et muss och effektiv en néidegen Niveau de vie garantéiert sinn.

Wat d'Ënnerbréngung vu Mineurë mat hiren Elteren ugeet, gouf och d'Formuléierung „dans la mesure du possible" gestrach, fir d'Obligatiounen aus der Direktiv net ze relativéieren. Och den Traitement vu perséinlechen Donnéeën, hir Kategorien, Finalitéiten, d'Iwwermëttlung an d'Durée d'utilité administrative goufen an den Amendementer méi prezis definéiert.

A sengem Avis complémentaire vum 5. Juni 2026 huet de Staatsrot festgestallt, dass d'Amendementer op all seng formell Oppositioune reagéiert hunn, soudatt déi all konnten opgehuewe ginn.

E klengt Wuert: Net méi spéit wéi gëschter hunn de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot an den UNHCR nach hiren Avis zu dësem Text ofginn. Ech soen hinne Merci fir hir Aarbecht a wéilt gäre kuerz op d'Haaptpunkten hei agoen.

Béid Acteure begréissen eng Rei Verbesserungen, besonnesch d'Ofschafe vun der Autorisation d'occupation temporaire an deen domat verbonnene méi direkten Accès op den Aarbechtsmaart.

Och d'Roll vum ONE bei der Prise en charge vu Mineurs non accompagnés gëtt positiv bewäert, well domat d'Besoine vum Kand an den Intérêt supérieur méi staark an de Mëttelpunkt réckelen. Gläichzäiteg weisen déi zwee Avisen drop hin, datt d'Ëmsetzung um Terrain entscheedend wäert sinn.

Den UNHCR insistéiert virun allem op eng prezis Transpositioun vun der Direktiv, notamment bei de Conditions matérielles d'accueil, der Gesondheetsversuergung vu Mineuren an der Evaluatioun vum Intérêt supérieur de l'enfant.

De Lëtzebuerger Flüchtlingsrot mécht sengersäits méi staark op praktesch Froen opmierksam wéi den effektiven Accès op d'Begleedung op den Aarbechtsmaart, d'Koordinatioun tëschent ONE an ONA an d'Consultation vun der Zivillgesellschaft beim Plan de contingence. Dës Remarke weisen also, wou fir d'Acteuren aus der Zivillgesellschaft besonnesch Opmierksamkeet bei der Ëmsetzung néideg ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn heimat um Schluss vu mengem mëndleche Rapport a verweise fir all weideren Detail zum Fong vun den eenzelne Bestëmmungen an zu den Avisen op de schrëftleche Rapport.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun fir dësen Text an ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), en remplacement de Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, dëst ass e weidert Gesetz, wat e wichtegen Deel vun der Ëmsetzung vum europäesche Migratiouns- an Asylpakt zu Lëtzebuerg duerstellt. Ech sinn net an der Familljekommissioun, mee ech ersetzen haut meng Kolleegin, d'Nathalie Morgenthaler, déi haut leider net ka bei eis sinn.

Et ass wichteg, direkt am Ufank eng Saach kloerzestellen: An dëser Debatt geet et net ëm Symbolpolitick a si geet och net ëm eng abstrakt Diskussioun iwwer Migratioun. Hei geet et ëm e ganz konkrete Projet, e Projet, deen den Accueil vun den Demandeurs de protection internationale an de Bénéficiaires de la protection temporaire moderniséiert, e Projet, deen d'Roll vum ONA un déi nei europäesch Realitéiten upasst, e Projet, deen d'Integratioun méi séier a besser méiglech mécht, e Projet, deen de Schutz vun de vulnerabele Persoune stäerkt, e Projet, deen eis op zukünfteg migratoresch Erausfuerderunge besser virbereet, an e Projet, deen de Mënschen et erlaabt, méi séier autonom ze ginn an hiren Deel zur Gesellschaft bäizedroen. A genee dofir ënnerstëtze mir als CSV dëse Gesetzestext.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Europäesch Unioun huet sech nom laange Verhandlungsprozess op en neie Migratiouns- an Asylpakt gëeenegt. Dat ass virdru schonn an der Debatt erauskomm.

D'Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, ass Deel vun dësem Ofkommes a soll fir gemeinsam Mindeststandarden am Beräich vum Accueil suergen. Vill vun dëse Standarden erfëlle mir hei zu Lëtzebuerg schonn. De Minister hat et selwer d'lescht Woch an der Familljekommissioun gesot. Mee grad dat weist, datt dëse Projet net einfach eng europäesch Verflichtung ass. Et passt zu enger Politick, déi dës Majoritéit kloer vertrëtt. Eng Politick vun der Mënschlechkeet, vun der Verantwortung a vun der Solidaritéit.

Well d'Migratioun, déi hält net op enger Grenz vun engem Land op. An Europa kann nëmme funktionéieren, wann d'Verantwortung zesumme gedeelt gëtt an net ëmmer op den Noper ofgewälzt gëtt.

Fir eis ass dat keng Contrainte. Et ass eng politesch Iwwerzeegung. Mir wëllen en Europa, dat zesummeschafft, dat Verantwortung iwwerhëlt an dat seng Wäerter och a schwieregen Zäiten net opgëtt.

Mee dëse Projet geet nach méi wäit wéi eng europäesch Transpositioun. Et ass eng Moderniséierung vun eisem Accueilsystem. An am Kär stellt sech eng ganz einfach Fro: Wéi kënne mir Mënschen, déi bei eis kommen, fir Schutz ze sichen, e würdegen Accueil garantéieren an hinne gläichzäiteg esou séier wéi méiglech d'Méiglechkeet ginn, hiert Liewen nees selwer an d'Hand ze huelen?

A genee do läit fir eis de politesche Kär vun dësem Gesetz. Mir wëllen en Accueil, deen de Mënsch respektéiert. Mir wëllen en Accueil, dee funktionéiert. A mir wëllen en Accueil, deen Integratioun, Zesummeliewe vun Ufank un denkt. Well d'Integratioun ass net eppes, wat eréischt no Jore geschitt. D'Zesummeliewe fänkt um éischten Dag un, wou een hei am Land ass. D'Integratioun fänkt un, wann een d'Sprooch léiert. Si fänkt un, wann een Deel vun der Gesellschaft gëtt. Si fänkt un, wann ee Perspektiven huet.

An dofir stäerkt dëse Projet d'Begleedung, d'Formatioun an och d'Integratiounsinstrumenter. An dat ass net, well Europa eis et virschreift, mee well mir dovun iwwerzeegt sinn, datt eng gelongen Integratioun ëmmer eng Investitioun an d'Zukunft vun eiser Gesellschaft ass.

Här President, eng zweet grouss Prioritéit vun dësem Gesetz ass d'Autonomie. Fir eis dierf Accueil ni bedeiten, Mënschen dauerhaft an enger Ofhängegkeet vum Staat ze halen. Mir wëllen de Géigendeel. Mir wëllen, datt Mënschen esou séier wéi méiglech autonom ginn. Mir wëllen, datt se hir Kompetenzen asetzen. Mir wëllen, datt se Verantwortung iwwerhuelen. Mir wëllen, datt si Deel vun eiser Gesellschaft ginn.

An dofir ass d'Ouverture vum Aarbechtsmarché ouni d'Autorisation d'occupation temporaire vun den DPIen no véier Méint schonn eng vun de wichtegsten Dispositioune vun dësem Text. Och d'Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatioune vun den DPIe begréisse mer.

Well wa mer éierlech sinn: Integratioun geschitt net duerch Waarden. Integratioun geschitt duerch Participéieren. A mir kënnen net op där enger Säit iwwer Fachkräftemangel diskutéieren an op der anerer Säit Mënschen, déi schaffen a bäidroe wëllen, méintelaang an der Passivitéit halen.

Fir eis ass de Choix ganz kloer: Mir wëllen eng Politick, déi Mënschen net an Ofhängegkeet hält. Mir wëllen eng Politick, déi Mënschen et erméiglecht, esou séier wéi méiglech autonom ze ginn.

Aarbecht bedeit net nëmmen Akommes. Aarbecht bedeit Würd, Verantwortung, Integratioun an och Zesummeliewen. Wie schafft, léiert d'Sprooch méi séier, baut sozial Kontakter op, iwwerhëlt Verantwortung a gëtt méi séier Deel vun eiser Gesellschaft.

A genee dofir ass et wichteg, datt mir de Wee op den Aarbechtsmarché méi fréi opmaachen. Dat ass gutt fir déi betraffe Mënschen, dat ass gutt fir eis Ekonomie an dat ass gutt fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt. Dat ass keng naiv Politick, dat ass pragmatesch Politick.

Besonnesch an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou mer reegelméisseg iwwer Fachkräftemangel schwätzen, ass et nëmme logesch, datt mir déi Potenzialer net ongenotzt loossen. Dëst Gesetz setzt do e kloert Zeechen: Integratioun an Zesummeliewe vun Ufank un, amplaz vu Passivitéit.

Här President, dëse Projet stäerkt och de Schutz vun deene Mënschen, déi eis Hëllef am meeschte brauchen. Besonnesch Kanner a vulnerabel Mënsche brauchen net nëmmen administrativ Prozeduren. Si brauche Schutz, si brauche Stabilitéit a si brauche Perspektiven.

Eng Gesellschaft erkennt een dorunner, wéi se mat deene Mënschen ëmgeet, déi am vulnerabelste sinn. An dofir ass et richteg, datt dëse Projet de Schutz vum Mineur non accompagné stäerkt an d'Verantwortunge méi kloer organiséiert. Well um Enn muss d'Wuel vum Kand ëmmer am Mëttelpunkt stoen an net dat Administratiivt ronderëm.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Erfarunge vun de leschte Joren hunn eis och gewisen, wéi séier international Krisen Auswierkungen op Europa an och op Lëtzebuerg kënnen hunn. Dofir ass et wichteg, dass mir eis beschtméiglech op dës aussergewéinlech Situatioune virbereeden.

E verantwortungsvolle Staat, jo, dee waart net bis datt d'Kris do ass. E verantwortungsvolle Staat, dee preparéiert sech schonn am Virfeld. Den nationalen Noutfallplang ass dofir net nëmmen eng administrativ Dispositioun, mee en Ausdrock vun enger Politick, déi virsiichteg plangt, amplaz ze improviséieren.

Dofir ass et extreem wichteg, dass dësen Noutfallplang sou séier wéi méiglech mat all de concernéierten Acteuren zesummen ausgeschafft gëtt.

Donieft huet de Familljeminister rezent de Rapport vun der IGF iwwert den ONA an der zoustänneger Kommissioun virgestallt. Dësen huet festgestallt, datt et eng Iwwerbelaaschtung an den Opnamstrukturen an e Manktem u Plazen trotz staark ausgebaute Capacitéite gëtt.

Donieft gëtt et administrativ a managementbezunn Defiziter an ënnerschiddlech Qualitéitsstandarde bei de Partnerorganisatiounen. Dofir ass et wichteg, dësen Audit elo als Chance ze gesinn an en als Aart Mode d'emploi ze gebrauchen, fir den ONA fir déi nächst Jore konsequent besser opzestellen an och ze verbesseren.

D'Resultater vum Audit, d'Feststellunge vun der IGF, déi loossen dobäi keng Plaz fir Verzögerungen. D'Problemer sinn erkannt, kloer Piste goufen opgezeechent, an elo mussen déi Recommandatioune ganz séier ausgeschafft an ëmgesat ginn.

Här Minister, ech erlabe mer, Iech hei ze froen: Wou sti mer do a wéi séier kann d'Situatioun vun de Mënschen, déi an deene Strukture liewen, verbessert ginn?

D'Zäit vun den Analysen a Feststellunge geet nämlech op en Enn an et muss gehandelt ginn. Nëmme sou kann d'Vertrauen an den ONA och gestäerkt ginn.

Mir wëllen och a schwéieren Zäite fäeg sinn, mënschlech, organiséiert an effizient ze handelen. Dat ass eng Fro vu gudder Gouvernance.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, natierlech héiere mer och Kritick. Déi eng soen, et géif e Pull Effect schafen. Ech deelen dës Analys awer net.

Mënschen, déi viru Krich, Verfollgung oder permanenter Angscht flüchten, déi maache sech net op de Wee, well se sech eng bestëmmten Destinatioun eraussichen. Si flüchten, well se keng aner Wiel méi hunn. Si kënnen net méi do bleiwen, wou se sinn. Si sichen net no Virdeeler, mee no Sécherheet, Schutz an enger Perspektiv fir sech an hir Famill.

Eng gelongen Integratioun ass net nëmmen eng Fro vun der Mënschlechkeet, mee och eng Investitioun an e staarkt Zesummeliewen, an e staarken Zesummenhalt an eisem Land.

Da gëtt och gesot, dëst Gesetz géif ze vill op Kontroll setzen, et wier ze restriktiv, et wier e kaalt Gesetz. Mee ech sinn iwwerzeegt, mir verfollege mat dësem Gesetz Mënschlechkeet op där enger Säit a Responsabilitéit op där anerer. Déi zwee gehéieren zesummen.

Eng Asylpolitick ouni Mënschlechkeet, déi verléiert hir Wäerter. Mee eng Asylpolitick ouni Reegelen, déi verléiert d'Vertraue vun der Bevëlkerung. An dofir brauche mer e Gläichgewiicht. A genee dat Gläichgewiicht schafe mer mat dësem Gesetz!

A wann ech dëse Projet misst an engem Saz zesummefaassen, da géif ech soen: Et ass e Projet, deen Integratioun net als Schlussresultat versteet, mee als Prozess, deen um éischten Dag ufänkt – mam Accueil, mat der Begleedung, mat der Formatioun, mam Léiere vu Sproochen a mat enger séierer Méiglechkeet, eng Aarbecht opzehuelen.

Dat ass eng Approche, déi mer ënnerstëtzen, well se de Mënsch an de Mëttelpunkt stellt, well se d'Verantwortung encouragéiert, well se Integratioun konkreet mécht, well se juristesch Sécherheet an e klore Kader schaaft, well se eis op zukünfteg Erausfuerderunge virbereet a well se eis als Gesellschaft stäerkt.

Lëtzebuerg war ëmmer e Land, dat seng Verantwortung iwwerholl huet. E Land, dat seng Wäerter net opgëtt, mee och e Land, dat ëmmer no pragmatesche Léisunge sicht.

Dëse Projet reflektéiert genee dëse Geescht, e Geescht vu Mënschlechkeet, vun Integratioun, vu Verantwortung, vu Solidaritéit an engem klore Kader. An dofir wäert d'CSV-Fraktioun dëse Projet natierlech matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Weydert. Et ass eng Wuertmeldung do. D'Madamm Bernard wëllt Iech eng Fro stellen. Huelt Der déi un, Madamm Weydert?

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), en remplacement de Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Jo.

**M. Claude Wiseler,** Président | Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Madamm Weydert. Ech deelen Ären iwwerzeegende Plädoyer iwwert den Accès op den Aarbechtsmaart fir d'Demandeurs de protection internationale. Ech mengen, dass dat wierklech eng wichteg an eng gutt Intentioun vun dësem Gesetzestext ass.

Leider goufe mer vum Staatsrot drop higewisen, dass am Code du travail nach ëmmer explizitt d'Demandeurs de protection internationale exclu sinn, fir bei der ADEM virstelleg ze ginn.

Dat heescht, si hu jo elo en Accès op den Aarbechtsmaart, mee bei d'ADEM kënne se net goen. Dat ass, mengen ech, e grousse Problem an eng zimmlech Inkohärenz an dëser Gesetzgeebung.

A well Är Partei jo och den Aarbechtsministère stellt, wollt ech Iech froen, ob Der der Meenung sidd, dass dat esou soll bleiwen, oder ob Der awer mat mir averstane sidd, dass een do schnellstméiglech misst legiferéieren, fir dat ze änneren.

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), en remplacement de Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Ech kennen elo net d'spezifesch Dispositiounen aus dem Code du travail. Ech hu mer dat net genee ugekuckt, muss ech agestoen, Madamm Bernard. Mee ech denken, mir hunn awer hei e Mechanismus geschaf, wou déi Leit Accès op den Aarbechtsmarché kréien. An et gëtt och ganz sécher Debouchéeen, wou sech Betriber direkt kënne bei de Strukture mellen, fir deene Leit e Kontrakt ze ginn. An ech kennen der selwer vill, déi an deem Domän aktiv sinn, déi och do eng Hand upaken.

Dofir denken ech, dass mer an deem heite Schrëtt elo mol den Accès op den Aarbechtsmarché geschaf hunn. An dat anert, dat ass dann eppes, wat à discuter bleift.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Weydert. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen haut net dolaanscht, fir d'éischt emol e Wuert zu der Prozedur ze verléieren – et ass haut jo och schonn ugeklongen an et ass sécherlech keng Neiegkeet fir Iech –, éier ech zum Fong vum Projet kommen.

Hei geet et ëm fundamental Texter, déi mer hei awer am Endeffekt iwwert de Knéi gebrach hunn. Dat ass Realitéit. A mir schwätzen hei net reng iwwert technesch Nobesserungen. Mir schwätzen iwwer eng Matière, an där et ëm Grondrechter geet, ëm mënschewierdeg Liewenskonditiounen, ëm den Ëmgang mat Schutzbedierftegen. A grad dowéinst misst d'Parlament d'Méiglechkeet hunn, senger Aarbecht nozekommen, andeems et genuch Zäit huet, fir mat Seriositéit an Déift där parlamentarescher Aarbecht vun der Chamber kënnen nozegoen.

A mir wësse ganz genau, dass déi Zäit ganz limitéiert war. Et war wierklech net einfach. Den Zäitdrock, ënnert deem dëse Projet behandelt gouf, huet net nëmmen d'Aarbecht vun der Chamber erschwéiert, mee en huet och d'Aarbecht vun deene Leit an Institutiounen erschwéiert, déi an esou sensibele Froen eigentlech eng zentral Roll spillen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | D'Zivillgesellschaft, d'Beruffsorganisatiounen an déi onofhängeg Kontrollinstanzen, d'Mënscherechtskommissioun, de Barreau, d'CNPD, den OKaJu, den LFR, den UNHCR an aner Organisatiounen haten nëmme ganz limitéiert Zäit, fir en Text vun esou grousser Reechwäit seriö ze analyséieren an hir Avisen auszeschaffen.

An hei muss ech och nach eng Kéier e bëssen awer op d'Absurditéit vun dëser Prozedur agoen.

Mir hate gëschter um 11.30 Auer Kommissioun, wou mer de Rapport sollten unhuelen, fir dass mer dëse Projet haut iwwerhaapt kéinte stëmmen. Dat nodeems de Staatsrot e Freideg en Avis complémentaire verëffentlecht huet, fir seng lescht Oppositionformellen opzehiewen.

Nach emol zwou Stonne virun dëser Sëtzung krute mer den Avis vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot. An en plus ass den Avis vum UN-Haut-Commissariat fir Flüchtlingen, also enger vun deene wichtegsten internationalen Instanzen an dëser Matière, eréischt erakomm, wéi schonn d'Kommissioun amgaang war a mer virun engem Vott stoungen.

Dat ass keng seriö legislativ Aarbecht, well den Zweck vun esou Avisen ass jo net, dass se am Endeffekt archivéiert ginn. Den Zweck hannendrun ass, dass mer Zäit hunn, se auserneenzehuelen, dass mer Zäit hunn, eis domat auserneenzesetzen, se ze analyséieren, wou et juristesch Problemer gëtt a wou et praktesch Problemer gëtt, wou et Risike fir d'Grondrechter gëtt a wou den Text eventuell misst verbessert ginn.

Mee dofir brauch et Zäit an déi Zäit gouf et hei awer net. An dat ass net banal, well eng Demokratie lieft net nëmmen dovunner, datt Gesetzer gestëmmt ginn, si lieft och dovunner, datt Texter kënnen diskutéiert, kritiséiert a verbessert ginn.

A wann déi Zäit feelt, da besteet de Risiko, datt ee sech um Enn just nach op dat absolutt Néidegst konzentréiert an op déi Punkten, wou formell Oppositioune bestinn, op déi urgentst juristesch Korrekturen, mee net méi op déi méi déif Inkohärenzen an déi konkreet Konsequenzen an der Ëmsetzung.

A genee dorop huet och de Staatsrot a sengem Avis complémentaire vum leschte Freideg higewisen.

Ech kommen elo zum Fong, iwwert deen de Projet hei elo geet. Hei bedauert de Staatsrot ausdrécklech, dass op eng Rei substanziell Froen, déi schonn am éischten Avis opgeworf goufen, an den Amendementer vum Minister keng Äntwert komm ass.

Et ass vill Energie doranner gefloss, formell Oppositiounen opzeléisen, mee vill manner doranner, fir am Endeffekt de Fong vum Text wierklech ze verbesseren. Mam Risiko, datt um Enn en Text erauskënnt, deen zwar am Prinzipp Verbesserunge bréngt, mee gläichzäiteg och substanziell Lacunnen enthält.

A wa mir awer iwwer esou sensibel Theemen decidéieren, däerf d'Logik net sinn: Mir korrigéieren dat, wat absolutt muss korrigéiert ginn, an de Rescht wäert sech da schonn iergendwéi esou reegelen. Mee

besonnesch net an enger Matière, an där déi konkreet Konsequenze ganz direkt Mënsche betreffen.

An der Asyl- a Migratiounspolitick geet et ëm d'Fro, wéi e Staat Mënschen empfänkt, déi alles hanner sech hu misse loossen, Mënschen, déi oft net nëmmen hiert Doheem verluer hunn, mee och all Gefill vu Sécherheet, vu Stabilitéit an heiansdo och vu Vertrauen an d'Institutiounen.

An ech mengen, grad bei esou Texter huet d'Parlament eng besonnesch Verantwortung, well wann et ëm Grondrechter geet, ëm mënschewierdeg Liewenskonditiounen, ëm Kanner, ëm vulnerabelst Persounen, dann däerf d'Gesetzgeebung net ënnert enger Logik vun Hektik an Zäitdrock stoen. An dat ass net nëmmen e Problem fir d'Chamber, dat ass och e Problem fir d'Demokratie selwer.

Besonnesch am Beräich vum Schutz vum Mineur non accompagné gëtt et natierlech, muss een och soen, Verbesserungen, datt ...

*(Interruption)*

Jo, mee do kommen ech elo awer trotzdeem drop, wat ee bemängele kann.

Datt den ONE hei eng méi zentral Roll iwwerhëlt an datt vulnerabel Mineuren an Zukunft e Recht op spezifesch Begleedung a Schutz hunn, entsprécht laangjärege Fuerderunge vum Terrain a vun de Mënscherechtsorganisatiounen. An dat begréisse mer jo och ausdrécklech.

Mee grad well et hei ëm Kanner geet, däerfe mir eis net mat hallef fäerdege Konstruktiounen zefridde ginn. De Conseil d'État weist nämlech selwer drop hin, datt den Text op ville Plazen onkloer bleift, notamment wat d'Verdeelung vun den Zoustännegkeeten tëscht dem ONE an dem ONA ugeet.

D'Erfarungen hu gewisen, dass institutionell Onkloerheeten an der Praxis bal ëmmer op Käschte vun deene Schwächste ginn. Wann net kloer ass, wie responsabel ass, wann d'Kompetenzen net prezis definéiert sinn, wann d'Strukturen net koordinéiert sinn, da riskéiert de Schutz vun de Mineurë genee do ze versoen, wou en eigentlech misst am stäerkste sinn.

Dat selwecht gëllt fir den Intérêt supérieur de l'enfant. D'europäesch Direktiv verlaangt, datt eng Rei Facteure wéi d'Méiglechkeet vun engem Regroupement familial, d'Wuelbefanne vum Kand oder d'Risike vu Gewalt an Exploitatioun bei all Entscheedung „dûment prises en compte" ginn.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Am Projet de loi gëtt aus där Obligatioun awer op verschiddene Plazen eng einfach fakultativ Méiglechkeet. Den Intérêt supérieur de l'enfant dierf net fakultativ ginn! Well aus engem „doit" e „peut" ze maachen, heescht am Fong, aus enger Verflichtung eng Optioun ze maachen.

En anere Punkt sinn déi nei Reegelen am Beräich vum Zougang zum Aarbechtsmarché. Mir hunn dat jo elo schonn héieren a mir begréissen och ausdrécklech, dass d'Demandeurs de protection internationale an Zukunft méi séier dierfe schaffen. Dat ass eng richteg an noutwendeg Evolutioun.

D'Aarbecht bedeit natierlech net nëmmen Akommes. Aarbecht bedeit Struktur, Autonomie, Dignitéit, Integratioun an d'Méiglechkeet, net nëmmen op eng Decisioun ze waarden, mee nees aktiv um Liewe kënnen deelzehuelen.

Mee och hei bleift d'Ëmsetzung awer inkohärent. Well gläichzäiteg gëtt den DPIen de facto den Accès zu engem Deel vun den Instrumenter verweigert, déi iwwerhaapt eng realistesch Integratioun an den Aarbechtsmaart erlaben. Si kréien nämlech keng Aschreiwung bei der ADEM, keen effikassen Zougang zu Aktivatiounsmoossnamen, keng adequat Begleedung.

An do stellt sech natierlech d'Fro: Wat fir eng Integratiounspolitick ass dat?

Et ass e bëssen, wéi wann een engem seet: „Du däerfs Auto fueren, mee du kriss dann awer kee Steierrad oder keng Gaspedall oder hues och kee Bensinn am Tank."

Wëlle mir, datt Mënschen esou séier wéi méiglech autonom ginn an hire Wee fannen? Mir denken a mir sinn och der Iwwerzeegung, dass et nach besser geet, an dofir deposéieren ech hei déi éischt Motioun.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– l'article 17 de la directive (UE) 2024/1346, qui impose aux États membres de veiller à ce que les demandeurs de protection internationale (DPI) aient « un accès effectif au marché du travail » dans un délai maximal de six mois à compter de l'introduction de leur demande, et que les conditions imposées ne soient pas discriminatoires ni ne limitent cet accès effectif ;*

*– que l'article 7 du projet de loi n° 8732, tout en transposant cette obligation, renvoie pour ses modalités d'application à l'article L. 622-5 du Code du travail, lequel, dans son paragraphe 2, exclut expressément les DPI de l'inscription à l'ADEM, les privant ainsi des offres d'emploi centralisées, des services d'intermédiation, des mesures d'activation et des formations qualifiantes ;*

*– l'avis et l'avis complémentaire du Conseil d'État sur le projet de loi n° 8732, dans lesquels la haute juridiction a soulevé des interrogations quant à la compatibilité de ce dispositif avec l'exigence d'accès effectif au sens de la directive, estimant que le maintien de l'exclusion de l'ADEM est susceptible de vider de sa substance l'obligation imposée aux États membres ;*

*– la motion du 15 octobre 2025, déposée par le LSAP, qui invitait notamment le Gouvernement à permettre aux DPI de profiter des offres de l'ADEM, et qui est demeurée à ce jour sans suite législative concrète ;*

*– l'avis du Haut-Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés (UNHCR) sur le projet de loi n° 8732, notamment en ce qui concerne l'accès au marché du travail et l'employabilité des DPI ;*

*– qu'une transposition conforme et complète de la directive requiert, au-delà de l'adoption du présent projet de loi, une mise en cohérence du Code du travail ainsi que la mobilisation des moyens humains et organisationnels nécessaires pour garantir l'insertion effective des DPI dans le marché du travail luxembourgeois,*

*invite le Gouvernement à*

*– procéder, dans les meilleurs délais, à la modification de l'article L. 622-5 du Code du travail ainsi que de toute autre disposition nécessaire, afin de garantir aux DPI – après l'expiration d'un délai de quatre mois à compter de l'introduction de leur demande – un accès effectif et plein au marché du travail, comprenant :*

*• le droit de s'inscrire à l'ADEM en qualité de demandeur d'emploi ;*
*• l'accès à l'ensemble des offres d'emploi centralisées et des services d'intermédiation professionnelle ;*
*• la participation aux mesures d'activation, d'accompagnement et aux formations qualifiantes.*

*(s.) Claire Delcourt, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel.*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Och de Barreau huet a sengem Avis op eng Rei seriö Problemer higewisen, zum Beispill beim Recours géint d'Kierzung oder d'Sträichung vu Leeschtungen, well e Recours ouni kloer Delaie riskéiert, an der Praxis seng Wierksamkeet ze verléieren. An hei schwätze mir net iwwer Confort. Mir schwätzen iwwer mënschewierdeg Liewenskonditiounen.

Iwwregens huet och den Europäesche Geriichtshaff rezent nach eng Kéier ënnerstrach, datt d'Reduzéierung vu Leeschtungen net dozou féieren dierf, datt d'Würd vum Mënsch ënnergruewe gëtt.

Och am Beräich vun der Gesondheetsversuergung bleift dëse Projet hannert deem zréck, wat méiglech an noutwendeg gewiescht wier. An hei geet et net nëmmen ëm administrativ Organisatioun. Hei geet et ëm d'Fro, ob mir d'Gesondheetsversuergung als fundamentaalt Recht gesinn oder als eng Leeschtung, déi just minimal verwalt gëtt.

An dat selwecht gëllt fir den Dateschutz. D'CNPD huet net ouni Grond drop higewisen, datt den Ëmgang mat sensibelen Donnéeën op ville Punkten net genuch encadréiert ass. An och dat ass keng technesch Niewesaach, well Mënschen, déi sech an enger Asylprozedur befannen, gehéieren oft zu de vulnerabelste Persounen iwwerhaapt. An de Rechtsstaat muss grad do besonnesch virsiichteg sinn, wann et ëm sensibel Informatiounen, Zougréffer a Kontrollmechanisme geet. Mee déi eigentlech Fro geet nach méi wäit, well och déi bescht gesetzlech Dispositioune bleiwen eidel, wann et keng kohärent Strategie gëtt, fir se ëmzesetzen.

Wou sinn déi néideg personell Ressourcen? Wou sinn déi passend Infrastrukturen? Wou ass déi laangfristeg Visioun fir Accueil, Integratioun a Vivre ensemble? Well mir wëssen all, ënner wéi enge Konditioune verschidde Mënschen haut schonn ënnerbruecht sinn, och an eisem räiche Lëtzebuerg. An dowéinst deposéieren ech hei nach eng zweet Motioun, ...

Wannechgelift, Här President.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– la directive (UE) 2024/1346, qui fixe des exigences précises en matière de conditions d'accueil des demandeurs de protection internationale, notamment des conditions de vie dignes garantissant la subsistance et la protection de la santé physique et mentale, des conditions d'hébergement adaptées aux besoins des familles et respectant la vie privée, des garanties renforcées pour les personnes ayant des besoins particuliers en matière d'accueil, y compris les mineurs non accompagnés ;*

*– que le projet de loi n° 8732 transpose ces obligations dans le droit luxembourgeois et en confie la mise en œuvre à l'Office national de l'accueil (ONA) et, pour ce qui concerne les mineurs non accompagnés, à l'Office national de l'enfance (ONE) ;*

*– que les conditions actuelles dans certaines structures d'accueil luxembourgeoises demeurent préoccupantes, notamment en ce qui concerne les insuffisances en matière d'hygiène et de respect de la vie privée ;*

*– que la saturation chronique des structures d'accueil, dont les taux d'occupation dépassent régulièrement 95 %, s'explique non seulement par l'augmentation des flux migratoires, mais aussi par la crise du logement qui touche l'ensemble de la population résidente et empêche les bénéficiaires de protection internationale de trouver un logement autonome dans les délais raisonnables, bloquant ainsi des places au détriment des nouveaux arrivants ;*

*– l'audit de l'Inspection générale des finances relatif à l'Office national de l'accueil, qui a mis en évidence des lacunes significatives dans la gestion et l'organisation des structures d'accueil, notamment en ce qui concerne le pilotage stratégique, le suivi des conditions de vie des résidents et la gestion des ressources humaines et matérielles,*

*invite le Gouvernement à*

*– élaborer une stratégie globale et un plan d'action chiffré pour la mise en œuvre de la directive (UE) 2024/1346 et du projet de loi n° 8732, assortis d'objectifs mesurables et d'un calendrier de réalisation ;*

*– accélérer le développement d'une offre de logements abordables et accessibles sur l'ensemble du territoire en mobilisant l'ensemble des leviers disponibles – logement social, logement abordable, partenariats communaux, agences immobilières sociales – afin de répondre à une crise du logement qui touche l'ensemble de la population résidente et fragilise tout particulièrement les ménages à revenus modestes, et de fluidifier parallèlement les sorties des structures d'accueil, de réduire la pression structurelle qui pèse sur le dispositif de l'ONA, et de permettre aux bénéficiaires de protection internationale de s'intégrer durablement dans la société luxembourgeoise dans des conditions dignes et stables ;*

*– doter l'ONA et les structures d'accueil des ressources humaines et matérielles nécessaires à l'accomplissement de leurs missions en tenant compte des lacunes identifiées par l'audit de l'Inspection générale des finances et des obligations accrues résultant de la directive.*

*(s.) Claire Delcourt, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel.*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | ... déi op déi Problematik nach eng Kéier ageet.

An déi richteg Fro ass dofir net nëmmen, wéi eng Texter mir haut stëmmen. Déi grouss Fro ass, wéi eng Gesellschaft mir wëlle sinn. Eng Gesellschaft, déi Migratioun ausschliisslech als Problem geréiert, oder eng Gesellschaft, déi et fäerdegbréngt, eis Wäerter, Integratioun a Mënschewürd zesummen ze denken?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Land, an deem de Respekt vun de Mënscherechter ëmmer eng zentral Plaz hat, als Land, deem seng Gesellschaft ëmmer duerch verschidden Afléss gepräägt a beräichert gouf, an och als Land, dat viru ganz konkreeten demografeschen an ekonomeschen Erausfuerderung steet, hätte mir eigentlech all Interêt dorun, datt den Accueil, d'Integratioun an de Vivre ensemble fonctionéieren, net nëmmen am Interêt vun de concernéierte Persounen, mee am Interêt vun der ganzer Gesellschaft, well eng gutt Integratiounspolitick ass keng idealistesch Randfro. Si ass eng Fro vu gesellschaftlecher Kohärenz, vu Stabilitéit, vu Fonctionnement. An dofir muss ee sech och froen, wat fir Signaler mir mat esou Texter no bausse wëlle ginn.

Well wa Prozeduren inkohärent sinn, wa Strukturen net fonctionéieren, wa Leit iwwer laang Zäit an Onsécherheet gehale ginn, wa Gemenge sech elenggelooss fillen, da schaaft een net méi Vertrauen, da schaaft ee Frustratioun, Onzefriddenheet an um Enn och méi Ofleenung. An dat ass geféierlech, net nëmme fir déi concernéiert Persounen, mee och fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt.

Schlecht geréiert Migratioun ass ëmmer e Buedem, mat deem populistesch an extreem Positioune wuessen. An ech mengen, Politick däerf sech net nëmmen domadder zefridde ginn, just op Ängschten ze reagéieren oder ëmmer nëmmen deem nozelauschteren, wat am Moment am populäersten ass. D'Politick huet och eng aner Verantwortung: Orientéierung ze ginn, d'Problemer éierlech unzegoen a Léisungen ze bauen, déi och op laang Siicht fonctionéieren.

De fréieren däitsche Bundespresident Walter Scheel huet emol gesot: „Es kann nicht die Aufgabe eines Politikers sein, die öffentliche Meinung abzuklopfen und dann das Populäre zu tun. Aufgabe des Politikers ist es, das Richtige zu tun und es populär zu machen." An ech mengen, genee dat ass haut eis Verantwortung: net eng naiv Politick ze maachen, mee eng seriö, eng Politick, déi Migratioun net verdrängt, mee begleet, eng Politick, déi Integratioun net dem Zoufall iwwerléisst, eng Politick, déi eis Wäerter – Rechtsstaatlechkeet a Mënschewürd – net géinteneen ausspillt, mee zesummen denkt.

Dofir, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mir, schlussendlech ze soen, datt schonn d'Aart a Weis, wéi dëse Projet duerch d'parlamentaresch Prozedur gedriwwe gouf, et mir haut schwéier mécht, menger Fraktioun mat guddem Gewëssen ze recommandéieren, dësen Text matzestëmmen. Mee och de Fong vum Projet léisst nach ze vill essentiel Froen op, ze vill Onkloerheeten, ze vill Inkohärenzen an ze vill Punkten, bei deenen Effizienz anscheinend méi wichteg war wéi juristesch Kohärenz an eng wierklech nohalteg Integratiounspolitick. An dowéinst wäert ech menger Fraktioun recommandéieren, dëse Projet net matzedroen, net well mir géint Reforme sinn, mee well mir der Meenung sinn, datt esou sensibel Froen e méi seriösen, méi kohärenten an och méi verantwortungsvolle legislative Kader verdéngen.

E staarke Staat ass net deen, deen am séiersten decidéiert. E staarke Staat ass deen, deen och ënner Drock seng Prinzippie behält. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och der Madamm Delcourt. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Dan Hardy. Här Hardy, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Hardy** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut iwwert de Gesetzesprojet 8732, deen en Deel vun der Ëmsetzung vum europäesche Migratiouns- an Asylpakt an eist nationaalt Recht duerstellt. Den Text beschäftegt sech virun allem mam Accueil vun den Demandeurs d'asile mat hirer Betreiung an och mat hire Rechter.

Ech wëll nach emol kloer soen: D'ADR bekennt sech zum Asylrecht. Mee grad well mir zum Recht op Asyl stinn, musse mir och derfir suergen, dass et net mëssbraucht gëtt. An deene leschten zéng Joer hu mir eng Entwécklung gesinn, wou Asyl a Migratioun ëmmer méi vermëscht goufen. Vill Leit kommen an Europa, obwuel vun Ufank u kloer ass, datt si d'Konditiounen, fir internationale Schutz ze kréien, net erfëllen. Dat iwwerlaascht d'Administratiounen, kascht vill Steiergelder a féiert zu enger ëmmer méi grousser Skepsis an der Bevëlkerung géintiwwer dem Asylsystem.

D'ADR weist zënter laange Joren drop hin, datt eng konsequent an éierlech Politick an dësem Beräich feelt. D'Drénglechkeet ass evident. Ech erënneren dorunner, datt eis Strukture fir Demandeurs d'asile reegelméisseg un hir Grenze kommen an iwwerfëllt sinn an dann dacks och net méi den hygieeneschen Normen entspriechen.

An ech hunn et och schonn op dëser Plaz hei gesot: Wa mir net méi fäerdegbréngen, déi Leit mënschewierdeg ënnerzebréngen, da si mir quasi gezwongen, eng méi restriktiv Politick duerchzesetzen. Do gëtt et keen anere Wee, eeben och well mir an enger akuter Logementskris sinn. An ech denken an engems un e rezente Saz vum zoustännege Familljeminister. „Ech freeë mech iwwer all Flüchtling, deen net bei eis kënnt", sot Dir, Här Hahn.

Här President, mir, d'ADR, erkennen un, datt dëse Projet am Kader vun den europäesche Verflichtunge muss behandelt ginn, mee mir sinn der Meenung, datt dëst nëmme mat klore Garantien a mat enger kohärenter Gesamtvisioun däerf geschéien. Dat ass net bei alle Punkte vun dësem Gesetzesprojet de Fall.

Eng Haaptkritick betrëfft de méi séieren Accès op den Aarbechtsmaart vu Leit, déi nach an der Asylprozedur sinn. Dee geet vu sechs op véier Méint erof. Domadder schafe mir als Lëtzebuerg en zousätzlechen Ureiz, fir heihinner ze kommen. Do kënne mir als ADR net derfir sinn. Grad als e Land mat enger akuter Wunnengsnout an Infrastrukturproblemer musse mir do virsiichteg sinn. Wat mir brauchen, si méi séier Asylprozeduren.

Fir méi Integratioun gëtt dann den Zougang zu Alphabetiséierungs- a Sproochecoursë verbessert an den DAPA-Programm formaliséiert. Dat begréisse mir absolutt. Ma ech hunn do zwou konkreet Froen un d'Regierung: Ass Lëtzebuergesch en integrale Bestanddeel vun den Ausbildungsweeër? A wéi enger Sprooch oder Sprooche gëtt alphabetiséiert? Fir d'ADR gehéieren nämlech d'Sprooch, d'Kenntnis vun eise Reegelen an de Respekt vun eise Wäerter zu de fundamentale Viraussetzunge fir eng erfollegräich Integratioun.

Da begréisse mir awer och explizitt eng Rei Punkten an dësem Gesetzestext. D'Leit, déi bei eis Asyl ufroen, gi verstäerkt iwwer hir Rechter, an engems awer och iwwert d'Flichten informéiert. A weider begréisse mer, dass vulnerabel Persoune besser berücksichtegt gi wéi bis elo.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'ADR muss eng Haaptprioritéit sinn, datt d'Asyldemandë méi séier gepréift an evakuéiert ginn. Mënschen dierfen net jorelaang an der Ongewëssheet bleiwen. A wéi ech viru geschwënn zwee Joer als Éischten heibannen eng Motioun fir d'Schafe vun engem Asyl- an Immigratiounsgeriicht an d'Diskussioun bruecht hunn, sinn ech nach belächelt ginn a mäi wichtegt Uleies ass net seriö geholl ginn. Dat fir datt uganks dëst Joer – oh Wunder – d'CSV-Justizministesch genee esou eng separat Asyl-Juridictioun mat enger Rei Magistraten ugekënnegt huet.

Duerch déi vill Asylrecourse krut nämlech d'Verwaltungsgeriicht ëmmer méi Retarde bei all deenen aneren Affären, déi och wichteg si fir d'Fonctionnement vum Land. Well d'Demandeurs d'asile mat laangen Delaien um Verwaltungsgeriicht konfrontéiert sinn, hoffe mir, datt dat zukënftegt Asylgeriicht däitlech méi séier tranchéiere wäert.

Här President, d'ADR setzt sech fir eng mënschewierdeg Behandlung vun all Persoun an, déi hei Schutz sicht. Mee Mënschlechkeet a Konsequenz si keng Géigesätz. Leit, déi Schutz brauchen, solle Schutz kréien. Leit, déi kee Schutz méi brauchen, sollen zeréckgoen. A Leit, deenen hir Demande refuséiert gouf, mussen d'Land verloossen. Nëmmen esou kann d'Akzeptanz vum Asylrecht an eiser Gesellschaft erhale bleiwen.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen: D'ADR ass fir den Erhalt vum Asylrecht, mee d'ADR ass och fir den Erhalt vun der Kontroll iwwert d'Migratioun. Mir sinn iwwerzeegt, datt nëmmen eng Politick, déi dës zwou Fuerderungen zesummebréngt, laangfristeg d'Vertraue vun de Bierger verdéngt.

Well mir awer eenzel Zweiwel un dësem Text hunn, enthale mir eis bei dësem Gesetzesprojet. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, haut diskutéiere mer e Gesetz, dat e wichtegen Deel vun der Ëmsetzung vum europäeschen Asyl- a Migratiounspakt ass. Op den éischte Bléck geet et ëm Normen, ëm Prozeduren, ëm Kompetenzen an eng ganz Rëtsch administrativ Reegelen. Mee eigentlech geet et ëm eng vill méi fundamental Fro. An ech si frou, dass d'Madamm Weydert se quasi a genau där selwechter Form och an hirer Ried gestallt huet: Wéi wëlle mer als Gesellschaft Mënschen empfänken, déi bei eis Schutz sichen?

En Theema, mat deem mer eis och hei an der Chamber an deene leschte Méint scho vill beschäftegt hunn. A mir sinn eis och eens, dass mer op europäeschem Niveau gemeinsam Mindeststandarden a Qualitéitsnorme brauchen, well et däerf net sinn, dass d'Mënschewürd vun engem Flüchtling dovunner ofhänkt, ob en op där enger oder op där anerer Säit vun Europa ukënnt. Dofir ass et richteg, dass dës Direktiv eebe grad dës gemeinsam Norme festleet.

Mee Mindeststandarden, jo, déi sinn eeben de Minimum. Si däerfen net an op kee Fall eis Ambitioun sinn. An do musse mer och selwer hei zu Lëtzebuerg eis éierlech an de Spigel kucken. Lëtzebuerg gehéiert sécher net zu deene schlechtste Schüler an Europa. Mir gesinn an anere Memberstaate Situatiounen, déi mat eiser Virstellung vu Mënscherechter jo kaum nach kompatibel sinn, mee dat heescht awer nach laang net, dass hei alles gutt leeft.

Well och hei hu mer Iwwerfëllung, mir hu Prekaritéit, mir hu Mangel u Privatsphär, mir hunn ze laang Openthalter an temporairë Strukturen an eng gewësse Perspektivlosegkeet, eeben och grad bedéngt duerch d'Wunnengskris.

An dat ass net nëmmen eng Fro vu Confort, et ass virun allem eng Fro vun Dignitéit, vu Mënscherechter, mee eeben och vu gelongener Integratioun. Well Integratioun fänkt den éischten Dag un, wou een an engem Land ukënnt.

An déi Integratioun muss Äntwerte liwweren op ganz konkreet Froen. Hunn ech Zougang zu Sproochecoursen? Kann ech Kontakter knäppen a mech lokal verankeren? Kann ech léieren? Kann ech schaffe goen? Kann ech mäi Liewe selwer gestalten?

Mir hunn als Gréng am Februar op déi vill ze grouss Strukturen, d'Iwwerfëllung an de Manktem u Perspektiven higewisen – op Zoustänn, déi eisem räiche Lëtzebuerg u sech net wierdeg sinn. A mir sinn nach ëmmer fundamental der Meenung, dass mer kleng, mënschewierdeg a lokal verankert Strukture brauchen, Strukturen, déi Participatioun a sozial Kontakter erlaben, Strukturen, wou Mënschen hir Traumata kënnen iwwerwannen, wou Mënsche sech kënnen abréngen a wou se och léiere kënnen, an natierlech och vun deenen aus se sech duerno och um Aarbechtsmarché kënnen integréieren. Well Integratioun geschitt net an anonymme Foyere vun Honnerte vu Leit. Integratioun geschitt an de Quartieren, an de Schoulen, an de Veräiner an eebe grad och op der Aarbechtsplaz.

Här President, ech komme bei déi Fro, déi fir mech iwwert dësem ganze Gesetz schwieft: Ass den ONA prett dofir? An ech froen och Iech, Här Minister: Ass den ONA esou opgestallt, wéi mer e bräichten, fir Äntwerten op dëst Gesetz ze liwweren?

Well wärend mer haut iwwer nei Rechter, Obligatiounen a Kompetenze schwätzen, hu mer gläichzäiteg eebe grad en Audit virleien, deen eis e ganz anert Bild zeechent. Den Audit zeechent e Bild vun enger Institutioun mat strukturellen Defiziter a grousse Gouvernance- an Organisatiounsproblemer. En zeechent d'Bild vun engem ONA, deen un engem Wendepunkt steet, well d'Komplexitéit an den Ëmfang vu senge Missiounen u sech säin aktuelle Kader iwwersteigen.

A wa mer haut e Gesetz stëmmen, dat nei Obligatiounen aféiert, dat Evaluatioune virgesäit, nei Forme vun individuellem Suivi schaaft, nei Dokumentatioun erfuerdert an dem ONA déi Koordinatiounsaufgab eeben och zouweist, da musse mer eis d'Fro stellen: Op wéi engem Fundament baut dat eigentlech op?

Wéi vill vun de Recommandatiounen am Audit sinn haut ëmgesat? Wéi eng Léiere goufen aus dem Audit gezunn a beim Iwwerschaffe vum Accueilsgesetz consideréiert? Wéi vill zousätzlech Ressourcë stinn zur Verfügung, fir deenen neien Obligatiounen am Gesetz iwwerhaapt Rechnung ze droen?

Tëscht engem Recht um Pabeier an engem Recht an der Realitéit läit hei an dësem Fall eebe grad dës Administratioun. An déi Administratioun, déi muss an der Lag sinn, fir déi Rechter, déi mer hei aschreiwen, eeben och ze garantéieren.

An ech kommen eriwwer bei en nächste Sujet, deen awer och hei am direkte Lien ass, well et geet ëm eng grouss Neiheet an dësem Gesetz, an zwar de sougenannten Noutfallplang, de Plan d'urgence.

Dëse Plang ass eng exzellent Iddi. Eigentlech misst esou e Plang scho laang existéieren, well wa mer eppes aus deene leschte Jore geléiert hunn, dann ass et dach dat! Vun der Flüchtlingskris 2015 bis zur Ukrain-Kris hu mer ëmmer nees am Urgencëmodus reagéiert. Mir hunn improviséiert, mir debrouilléieren eis, mir erklären all Defaillance mat där grousser Urgence. An obwuel dësen Zoustand u sech mëttlerweil Normalitéit ass, hu mer et nach net esou wierklech fäerdegbruecht, Léieren doraus ze zéien, fir eis mëttel- a laangfristeg besser opzestellen. A genee dat soll u sech dësen Noutfallplang maachen. A grad well dëse Plang esou wichteg ass, fir eebe grad aus dëser stänneger Urgence erauszekommen, ass et fir eis ëmsou méi erstaunlech, dass de Minister eis an der Kommissioun u sech nach guer net vill dozou soe konnt.

D'Direktiv gouf 2024 gestëmmt an an de leschte Jore gouf, sou gesäit et zumindest aus, verpasst, sech heizou schonn déi néideg Gedanken ze maachen. D'Aarbechten hu scheinbar nach net richteg ugefaangen. Et gëtt keng Timeline, an dobäi ass genau dëse Plang essentiel.

An ech fannen et scho bemierkenswäert, dass net nëmmen de Staatsrot, mee och de Flüchtlingsrot ausdrécklech och nach eng Kéier fuerderen, dass d'Zivillgesellschaft an international Organisatiounen an d'Ausschaffe vun dësem Plang agebonne ginn, well deen, deen all Dag um Terrain schafft, jo, dee weess, wou d'Problemer leien a wat bei enger Kris fonctionéiert oder wat eeben och net fonctionéiert huet. E gudde Plan d'urgence entsteet net hanner zouenen Dieren, mee am Dialog mat deene Leit, déi d'Realitéit vum Accueil all Dag erliewen.

An an deem Sënn deposéieren ech als Éischt elo mol eng Motioun zu dësem Plan d'urgence. Wannechgelift, Här President.

***Motion 3***

*« plan d'urgence en matière d'accueil et d'asile »*

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– que la nouvelle loi sur l'accueil des demandeurs de protection internationale et des bénéficiaires de la protection temporaire prévoit l'établissement d'un plan d'urgence en matière d'accueil et d'asile ;*

*– que ce plan a pour objet de définir les mesures à prendre pour garantir un accueil adapté des demandeurs, dans les cas où le Grand-Duché de Luxembourg est confronté à un nombre disproportionné de demandeurs, y compris de mineurs non accompagnés ;*

*– qu'à ce jour, ce plan d'urgence n'a pas encore été présenté ;*

*– la nécessité de disposer d'un cadre opérationnel clair afin d'anticiper d'éventuelles situations de forte pression sur les capacités d'accueil du pays ;*

*– que les organisations de la société civile disposent d'une expertise de terrain essentielle en matière d'accueil, d'accompagnement et de protection des personnes concernées,*

*invite le Gouvernement*

*– à élaborer et à mettre en place, dans les meilleurs délais, le plan d'urgence en matière d'accueil et d'asile prévu par la loi ;*

*– à associer étroitement à l'élaboration de ce plan les organisations de la société civile actives dans les domaines de l'asile, de l'accueil et de la protection des droits fondamentaux ;*

*– à consulter et à informer régulièrement la Chambre des Députés tout au long du processus d'élaboration du plan, notamment quant à son contenu, y inclus les moyens humains, matériels et financiers prévus pour sa mise en œuvre.*

*(s.) Djuna Bernard, Meris Sehovic, Sam Tanson.*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Mir brauchen also eng Politick vun der Anticipatioun amplaz vun enger Politick vun der permanenter Reaktioun. An dat bedeit och e pluriannuelle Plang fir nei Strukturen. Dat bedeit Investitiounen an d'Renovatioun vun den existéierende Strukturen. Dat bedeit, eng strateegesch Reserv vu Capacitéiten unzeleeën. An dat bedeit och, dass all Gemeng hiren Deel vun der Verantwortung iwwerhëlt.

Här President, mir begréissen, dass d'DPIen elo no véier Méint kënnen op den Aarbechtsmaart kommen, an dat ouni AOT. An ech hunn et grad a menger Interventioun no der Deputéierter Weydert schonn eng Kéier gesot: Dat ass eng kloer Verbesserung an eng Äntwert op eng laangjäreg Demande souwuel vun der Zivilgesellschaft wéi och vun der Chamber. Mir hunn eng entspriechend Motioun hei gestëmmt.

Jo, mir hätten eis als Gréng och nach méi Ambitioun gewënscht. Wisou net d'Leit nach méi fréi, esou fréi wéi méiglech schaffe loossen?

Mee e fundamentale Problem – an ech sot et elo virdru schonn – bei dësem Theema, op dee souwuel de Staatsrot zweemol a senge béiden Avise wéi och de Flüchtlingsrot zu Recht hiweisen, ass, dass hei e fundamentale Pilier an där Approche, fir d'Flüchtlingen op den Aarbechtsmarché ze bréngen, feelt an net matgeduecht gouf. An dat ass fir eis och e weidert Beispill dofir, wéi haseleg dëst Gesetz elo duerchgedréckt ginn ass.

En theoreetescht Recht op Aarbecht ass nach keen effektiven Accès op den Aarbechtsmaart. Wa Leit sech net bei der ADEM kënnen aschreiwen an net vun de

Formatiounen an dem Accompagnement kënne profitéieren, da riskéiert dës Reform, en essentiellen Deel vun hirer Wierkung ze verléieren.

An der Kommissioun goufe mer vum Minister vertréischt, dass Gespréicher mam Ministère du Travail géinge lafen. Kolleeginnen a Kolleegen, dat geet eis net duer. An dofir deposéieren ech heimat en Amendement, wou den entspriechenden Artikel vum Code du travail esou geännert soll ginn, dass eebe grad d'Demandeurs de protection internationale ab dem Delai vu véier Méint explizitt den Zougang zur ADEM an zu hire Servicer kréien. An ech hoffen, dass dësen Amendement da vläicht hei d'Gespréicher mam Travail schonn e bëssen acceleréiere kann.

***Amendements 1 et 2***

*Amendements au projet de loi n° 8732 sur l'accueil des demandeurs de protection internationale et des bénéficiaires de la protection temporaire*

*Amendement 1*

*L'intitulé du projet de loi est modifié comme suit :*

*« Projet de loi sur l'accueil des demandeurs de protection internationale et des bénéficiaires de la protection temporaire portant :*

*1° transposition de la directive (UE) 2024/1346 du Parlement européen et du Conseil du 14 mai 2024 établissant des normes pour l'accueil des personnes demandant une protection internationale (refonte) ;*

*2° modification de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles ;*

*3° modification de la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ;*

*4° modification de la loi du 4 décembre 2019 portant création de l'Office national de l'accueil ;*

*5° modification de la loi du 7 août 2023 portant organisation de l'assistance judiciaire et portant abrogation de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;*

*6° modification de la loi du 18 juillet 2025 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations et services fournis dans les structures d'hébergement pour personnes âgées et dans les logements encadrés agréés. ;*

*7° modification du Code du travail. »*

*Commentaire de l'amendement*

*L'intitulé du projet de loi est modifié afin de refléter la modification du Code du travail apporté par l'amendement 2.*

*Amendement 2*

*À la suite de l'article 36, il est inséré un article 36bis nouveau, libellé comme suit :*

*« Art. 36bis. Le Code du travail est modifié comme suit :*

*À l'article L. 622-5, le paragraphe 2 prend la teneur suivante :*

*(2) Par dérogation au paragraphe (1), ne peuvent pas s'inscrire les personnes visées à l'article 80, paragraphe (2) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration, à l'exception des bénéficiaires d'une protection internationale et des demandeurs d'une protection internationale, quatre mois après la date d'enregistrement de leur demande de protection internationale, pour autant qu'aucune décision finale au sens du règlement (UE) 2024/1348 n'ait été prise et que le retard ne puisse être imputé au demandeur. »*

*Commentaire de l'amendement*

*Le présent amendement répond à l'observation formulée par le Conseil d'État concernant l'effectivité de l'accès au marché du travail des demandeurs de protection internationale. Il vise à permettre l'inscription auprès de l'Agence pour le développement de l'emploi des demandeurs de protection internationale ayant accès au marché du travail, afin de leur garantir la possibilité effective de rechercher un emploi conformément à l'article 17 de la directive (UE) 2024/1346 et à son considérant 51.*

*(s.) Djuna Bernard, Marc Baum, Meris Sehovic, Sam Tanson, David Wagner.*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Ech kommen zum Schluss. An dee betrëfft – wourop meng Virriedner och deelweis schonn agaange sinn – net den Inhalt, mee virun allem d'Manéier, wéi dëst Gesetz ausgeschafft gouf.

De Migratiounspakt gouf 2024 decidéiert. D'Regierung hat iwwer zwee Joer Zäit, fir deen ëmzesetzen. A wann déi net duergaange wieren, dann hätte mer, wéi an aneren Transpositiounen och, eeben e Retard kritt an dann hätte mer deen a Kaf missen huelen. Mee wéinstens hätte mer awer anstänneg schaffe kënnen.

Nee, hei hu mir als Membere vun der Familljekommissioun virun aacht Deeg dëst Gesetz eng éischt Kéier virgeluecht kritt. Et gouf Enn Abrëll deposéiert. Ech weess bis haut net, firwat mer net éischter an enger Kommissioun driwwer geschwat hunn.

A mir hunn déi meescht Stellungname vun der Zivillgesellschaft eréischt an deene leschten Deeg, also gëschter, kritt. A grad dës Avise weisen, wéi vill substanziell Remarken nach opgeworf ginn – iwwer Kannerrechter, iwwert den effektiven Zougang op den Aarbechtsmaart, iwwert d'Roll vun der Zivillgesellschaft am Plan d'urgence an awer och iwwert d'Ëmsetzung um Terrain.

A jo, esou eng Debatt, déi verdéngt Zäit. Déi Zäit hu mir net kritt. An elo solle mer séier ofstëmmen. An dat ass einfach net propper geschafft.

Mir Gréng fannen net, dass mer ënnert dem Virwand vun der Ëmsetzungsfrist vun der Direktiv esou iwwert de Knéi gebrach schaffe kënnen oder sollen, eebe grad well et ëm Grondrechter geet.

A fir eis bleift nach ëmmer eng zentral Fro: net ob dëst Gesetz néideg ass – mir stinn hannert den inhaltleche Verbesserunge vun dësem Gesetz –, mee mir stellen a Fro, ob dës Regierung déi néideg Consultatioune gemaach huet. Ob den ONA opgestallt ass, fir sécherzestellen, dass dëst Gesetz och fonctionéiert, an ob d'Chamber konnt hir Aarbecht esou maachen, wéi si se eigentlech hätt misse maachen.

An op déi Fro hu mir haut keng iwwerzeegend Äntwert kritt an dofir wäerte mer eis als Gréng och enthalen. Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och der Madamm Bernard. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, ech hunn et virdrun a menge Riede gesot, dass dat, dass ee sech selwer op d'Bee setze kann, eigentlech déi bescht Moossnam ass, déi mer als Land de Leit kënne ginn, déi bei eis Schutz sichen. An dat ass eng vun de Moossnamen, déi hei wäerte kommen, andeems ee seet: „No véier Méint."

Bon, mir Piraten hunn och schonn oft gesot, dass mer am léifsten hätten, dass ee kéint direkt schaffe goen, well dat eigentlech déi beschten Aart a Weis ass, fir sech selwer e Liewen opzebauen a fir an Zukunft och onofhängeg kënnen ze sinn. Dat heiten ass elo mol e Schrëtt no vir. Ech weess – déi Diskussioun féiere mer ëfters –, dass mir do e bësse méi liberal an e bësse méi oppe sinn, wéi dat elo vun der Regierung allkéiers presentéiert gëtt.

Dat selwecht mam Accès zu de Formatiounen, zu de Coursen an, wat och ganz wichteg ass, zu de Sproochecoursen. Well just esou kann een am Land zesummefannen.

Dat ass ganz wichteg an ech hunn dat mat de Mannerjärege virdrun nämlech och eng Kéier ugeschwat als Theema. Dass elo hei den ONE gewëssen Aufgabe kritt, ass immens positiv, well et sinn déi Mannerjäreg, déi a sech déi Vulnerabelst sinn. An ech mengen domadder déi, déi ouni d'Elteren, ouni Cousin, ouni Tatta kommen. An där gëtt et der leider, well hir Elteren an engem Krichsgebitt ëm d'Liewe koumen oder well se ganz aner Schicksalsschléi haten, a well se deementspriechend eleng Schutz sichen. An do ass et immens wichteg, dass mer als Lëtzebuerg déi direkt empfänken an hinnen direkt Méiglechkeete ginn.

Et ass och net esou, dass déi Gesetzer, déi bis elo do waren, dramatesch schlecht waren. Also Lëtzebuerg brauch sech net ze schummen. Am Contraire! Wat Lëtzebuerg de Leit zur Verfügung gestallt huet, ass awer schonn eppes Guddes gewiescht.

Also ech mengen, et ass awer och heiansdo Meckeren op ganz héijem Niveau, well och am europäesche Verglach hunn ech e bësse gekuckt, wat déi aner Länner bezuelen a wat se maachen. Lëtzebuerg huet och vun de Plazen hier an och bei de Strukturen ... Ech weess net, heiansdo kucken ech och mol de franséischen oder belsche Fernsee, an den däitsche souwisou, an da gesinn ech do mol deenen hir Strukturen. Also et ass nach méi schlëmm wéi zu Lëtzebuerg! Dat heescht net, dass se zu Lëtzebuerg perfekt wären, mee do ass et nach eng Kéier méi schlëmm an do gëtt nach manner investéiert. Déi huelen zum Deel ural Gebaier, vläicht nach deelweis Militärsgebaier, an da schécke se do d'Leit dran.

Hei zu Lëtzebuerg ass et qualitativ schonn op engem héije Stand. Natierlech kann een elo a verschiddene Gemenge kucke goen an do fënnt een och Problemer, mee déi meescht sinn awer gutt.

An op der anerer Säit, doduerjer dass mer d'Gesetzer änneren, dass ee vill méi schnell ka seng Pabeiere kréien, entlaaschte mer jo och déi Strukturen. Doduerch, dass haut déi zwee Gesetzer wäerten a Kraaft trieden, kann et jo och ganz gutt sinn, dass déi Strukturen herno manner Leit wäerten hunn an deementspriechend och qualitativ kënne besser ginn.

Et ass eeben an deene Strukturen ... Et steet mir elo net zou, den ONA-Audit ze kommentéieren. Dir wësst alleguerten: Meng Partei an den ONA sinn net déi beschte Kolleegen, well et och nach eng Geschicht ass vun deene Leit – ier ech bei de Piraten war –, déi mam ONA do nach eng Diskussioun lafen hunn. Mee et muss een awer trotzdeem den ONA-Audit seriö huelen. An deenen elo déi nei Aufgaben ze ginn, ass awer mat engem gewëssene Risiko verbonnen. Ech weess, et kënnt elo en neien Direkter, da wäert et deementspriechend hoffentlech besser ginn. Mee dat heiten ass e ganz grousse Vertrauensvirschoss, deen d'Chamber elo hei dem Minister wäert matginn, fir ze soen: Den ONA kritt alleguerten déi Aufgaben.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

A wat och nach fir eis Piraten ganz wichteg ass, ass virun allem d'Virsiicht bei all deenen Daten. Ech weess, dat gouf elo e puermol schonn ugeschwat. D'CNPD huet och gesot, dass et esouwäit an der Rei

ass. Mee et muss een natierlech do, wéi bei allem, immens gutt oppassen, well hei geet et jo och ëm ganz vill Daten, déi immens perséinlech sinn. An déi Daten, déi gi gäre gehackt. Mir wëssen alleguerten, wéi schnell dat geet. An dofir ass et ganz wichteg, dass de Ministère déi néideg Strukturen zur Verfügung stellt, déi néideg Informatiker, fir dass esou e System ganz sécher ass. Lëtzebuerg huet dobaussen en exzellente Ruff, wat den Ëmgang mat de Flüchtlingen ugeet, wat den Ëmgang mat de Moossnamen ugeet. Da sollte mer och an der Informatik ganz wäit vir sinn an do och eng Sécherheet abauen.

Well Dir wësst alleguerten: Mir warnen als Piraten allkéiers dervir, dass e Leak oder en Hacking ganz schnell passéiert ass. An dofir hoffen ech, dass een – de Minister wäert eis herno sécherlech nach e bëssen eppes dozou zielen – bei den informatesche Systemer nach eng Kéier eng Schëpp bäileet an och do genuch Geld a genuch Moyenen zur Verfügung stellt, well dat awer ganz sensibel Date sinn, sou wéi dat och aus dem Avis ervirgeet.

Am grousse Ganze wäerte mir och dësem Projet hei zoustëmmen, och wann en net wäit genuch geet. Mir hätte gär gehat, dass d'Leit kéinten direkt schaffen, mee d'Liewen ass eeben e Kompromëss. A wat haut um Dësch läit, ass schonn emol e gudde Fortschrëtt, fir de Leit ze hëllefen, déi hei zu Lëtzebuerg Hëllef sichen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Wéi a menger Interventioun virdrun, wäert ech fir d'éischt e puer Saachen zum europäeschen Asyl- a Migratiounspakt soen, iert ech zum Gesetzesprojet selwer kommen.

Wéi gesot, ass dëse legislativen EU-Pakt virun allem op Repressioun a Kontroll ausgeriicht. Et gëtt e puer punktuell Verbesserungen, zum Beispill beim Schutz vu vulnerabele Persounen an elengstoende Mannerjäregen, mee ganz allgemeng iwwerweit e coercitiven Usaz.

Virun allem léist en awer ee vun den Haaptblocagen net. Trotz deem sougenannte Solidaritéitsmechanismus wäerte weiderhin d'Länner ronderëm d'Mëttelmier déi Haaptlaascht droen.

Déi Länner weider am Norde sollen zwar theoreetesch zousätzlech Flüchtlingen ophuelen, mee dat ass op fräiwëlleger Basis, well se sech aus hire Verflichtunge fräikafe kënnen. D'Relokalisatioune wäerten also viraussiichtlech ganz begrenzt bleiwen.

Zousätzlech bleift déi Grondlinn, d'Dublin-Reegel, a Kraaft, datt dat Land zoustänneg ass, wou d'Persoun fir d'éischt d'Baussegrenz iwwerschratt huet, quitte datt elo zousätzlech Krittären nach derbäikommen. Dat heescht am Endeffekt, datt sech um systeemesche Problem an der europäescher Asylpolitick, nämlech dem Mangel u Solidaritéit ënnert de Länner, net vill wäert änneren.

Problematesch gëtt et virun allem mat der neier Prozedur un de Baussegrenzen an der Procédure accélérée. Grondsätzlech ass dat eng Verallgemengerung an eng Systematiséierung vun der Approche vun den Hotspots, déi ganz allgemeng an och vun den EU-Institutiounen als gescheitert ugesi gëtt.

D'Resultat wäerten zwangsleefeg nees iwwerfëllte Gefängnislageren um Mëttelmier mat onmënschleche Bedingunge sinn. Déi Procédure accélérée féiert zu enger staarker Ofschwächung vun de Rechter vun den Asylbewerber. An ech muss éierlech soen, datt ech d'Logik och fir verkéiert halen. Déi Schnellverfare betreffen an éischter Linn Mënschen, déi aus Länner kommen, wou d'Unerkennungsquot ënnert 20 % läit.

Mee eigentlech, vun der Logik hier, misst et jo ëmgekéiert sinn: Schnellverfare fir Leit aus Länner, wou d'Unerkennungsquot immens héich ass, well ee jo do relativ schnell de Fluchtgrond ka verifizéieren.

Schonn eleng dorunner gesäit een, ëm wat et geet, nämlech esou mann wéi méiglech Leit opzehuelen. An dat gesäit een awer och un anere Reegelen: beim Prinzipp vum sécheren Hierkonftsland an dem Prinzipp vum sécheren Drëttstaat.

Dat si rechtlech héichproblematesch Konzepter, déi just drop ofzielen, manner Flüchtlinge mussen opzehuelen. Dobäi komme ganz problematesch Kooperatiounsmechanisme mat Drëttstaaten, meeschtens mat autoritäre Regimmer, déi eng ganz doutéis Bilanz a Saache Mënscherechter hunn. Et j'en passe, well do kann een nach eng Rei aner Saachen opzielen.

Mir hunn also eng EU, mat dee räichste Wirtschaftsraum vun der Welt, dee seng international Obligatioune verstäerkt un aarm Länner oder autoritär Länner wëll ofdrécken.

Ech wëll awer och nach op zwee Aspekter agoen, déi net am Pakt behandelt ginn, fir d'Bild wierklech komplett ze maachen. Dat eent sinn d'Rettungsmissiounen um Mëttelmier.

Duerch Kontroll a Repressioun kommen zwar ëmmer manner Leit iwwert d'Mier, mee den Trajet gëtt duerfir ëmmer méi mäerdereg. 2025 si laut der UNO 3.254 Persoune beim Versuch ëmkomm, an Europa ze kommen, obwuel dat mëttlerweil néierens méi an de Medien optaucht – Tendenz klammend. Doriwwer seet de Pakt awer näischt. Do gi keng Initiativen oder Léisunge proposéiert. Am Géigendeel!

An dat Zweet, dat si legal Weeër an d'EU, sief et legal Weeër fir d'Immigratioun oder sécher Fluchtrouté fir Leit, déi ëm hiert Liewe fäerten, ze schafen. Och do ass trotz deene groussspueregen Ukënnegunge vun der EU-Kommissioun kee Reglement virgeluecht ginn a menges Wëssens och net geplangt. Et geet eenzeg ëm Repressioun a Kontroll, net ëm d'Sich no rationale Léisungen.

Här President, de Projet 8732 transposéiert déi europäesch Direktiv iwwert d'Conditions d'accueil, dat heescht iwwert d'Bedingungen, ënnert deenen d'Demandeurs d'asile sollen opgeholl ginn.

Et ass an deem ganze Pak sécher ee vun deene manner problemateschen Texter, deem seng Auswierkungen op déi gängeg Praxis hei zu Lëtzebuerg och relativ geréng wäerte sinn. Et gëtt souguer punktuell Verbesserungen, notamment wat d'Mineuren, déi vulnerabel Leit souwéi d'Integratioun op den Aarbechtsmarché ugeet.

Trotzdeem gëtt et awer och do weider e puer kriddeleg Punkten, déi awer gréisstendeels vun der Inkohärenz an der mangelnder Prezisioun vun den europäeschen Texter ausginn.

Zum Beispill kréien déi sougenannten „Dubliner" iwwer Méint gewëssen Hëllefen – an notamment d'Allocation pécuniaire – gestrach, obwuel den Transfert net direkt vun der Persoun ofhänkt, mee vun der Akzeptanz vun deem Land, wou se da sollen transferéiert ginn.

Iwwerhaapt sinn d'Fäll, wéini ee Leeschtunge gestrach kritt, an eisen Aen ze vill schwammeg definéiert. Zum Beispill kann ee laut Artikel 16 (veuillez lire: laut Artikel 15) d'Allocatioun gestrach kréien, wann een net mat den Autoritéite kooperéiert. Wat genee dat heescht, kooperéieren oder net kooperéieren, dat gëtt oppe gelooss, soudatt awer eng Dier op ass fir méiglech Abusen.

Ech wëll dem aktuellen Accueilsminister do sécher näischt ënnerstellen. Mee fir den nächsten oder iwwernächsten Accueilsminister leeën ech meng Hand net an d'Feier.

Eng Bullett geet awer mat Sécherheet op d'Kap vum Minister, nämlech d'Inkohärenz mam Aarbechtsrecht. An do si virdrun och schonn e puer Virriedner drop agaangen.

Wa mer wëllen – an dësen Text mécht dat och –, datt d'Demandeure méi séier kënnen Zougang zum Aarbechtsmarché hunn, nämlech no véier Méint an ouni eng extra Autorisatioun, dann ass ee vun deenen zentralen Acteuren, deen do awer misst spillen, nämlech d'ADEM, doduerjer außen vor, datt den Artikel 622-5 ausdrécklech seet, datt d'ADEM keng Zoustännegkeet huet an der Aarbechtsvermëttlung fir d'Demandeurs de protection internationale. An dat ass awer e Widdersproch zu där allgemenger a begréissenswäerter Intentioun vun deem Text, mat deem mer et hei ze dinn hunn.

An der Kommissioun krute mer schonn e puermol erkläert op ënnerschiddlech Initiativen, datt Diskussioune géife lafen tëschent dem Aarbechtsministère an dem Familljeministère, fir do zu enger gemeinsamer Léisung ze kommen.

Ech mengen, datt dat vun enger extreem grousser Wichtegkeet ass! Ech ënnerstëtzen duerfir souwuel d'Motioun vun der LSAP wéi awer och den Amendement vun deene Gréngen, fir wierklech kloer ze maachen, datt dat en Dréi- an Aangelpunkt ass. Wann een de gréissten Acteur um Aarbechtsmarché fir d'Vermëttlung vun Aarbecht net mat hei u Bord huet, net matdenkt, gemeinsam an deem Text, da riskéiert dat, wat ee mat gudden Intentioune wëlles hat ze maachen, awer just ze verpuffen.

Här President, dëse Gesetzestext wäert a priori just begrenzte Changementer um Terrain mat sech bréngen. An duerfir wäert en och näischt änneren um zentrale Problem vum Lëtzebuerger Asylsystem, nämlech datt déi unerkannte Flüchtlingen net aus de Foyeren erauskommen, well se quasi null Chance hunn um Logementsmarché.

Vun deene ronn 8.000 Plazen, déi mer hunn hei am Land, sinn e ganz groussen Deel vu Mënsche besat, déi guer net méi an der Asylprozedur sinn. An dat ass net just problematesch fir déi betraffe Leit, mee e strukturelle Problem fir eise ganzen Asylsystem a fir d'Capacitéit vum Lëtzebuerger Staat, seng international an europäesch Obligatioune wouerzehuelen, well natierlech entsteet doduerjer e Réckstau, dee mécht, datt eis Accueilscapacitéite stänneg saturéiert sinn, datt d'Strukturen deelweis iwwerbeluecht sinn, datt mer vetuste Strukturen net kënne renovéieren oder zoumaachen an natierlech virun allem, datt mer just nach begrenzt nei Mënsche kënnen ophuelen.

Natierlech ënnerstëtze mer de Bau vun neie Strukturen, fir datt mer eisen internationale Verflichtunge weiderhi kënnen nokommen. Mee dat ass awer keng dauerhaft Léisung, stänneg nei Foyere mussen ze bauen.

Mir musse virun allem de BPIen erméiglechen, en normaalt Liewen ze féieren, hinnen hëllefen, Accès op den Aarbechts- a Wunnengsmarché ze hunn, an zwar e kompletten Accès dozou, mat deenen Hëllefen, déi och aner Leit zegutt hunn, notamment via d'ADEM. Duerfir gëtt et héich Zäit, mengen ech, datt d'Regierung en Aktiounsplang fir dee Problem op den Dësch leet.

Ech wëll dat och ausdrécklech net dem Här Hahn eleng an d'Schong drécken, zemools well ech weess, datt den ONA am Kader vu sengen Attributiounen do mécht, wat e kann.

Et ass e Problem, dee mat Sécherheet just ressortiwwergräifend an de Grëff ze kréien ass an dee virun allem eppes verlaangt, nämlech eng 180-Grad-Kéier an der komplett verfeelter Logementspolitick vun der Regierung.

Mee fir et ze maachen, fir esou en Aktiounsplang auszeschaffen a fir déi ressortiwwergräifend Capacitéiten an den Knowhow kënnen zesummenzesetzen, fir de Problem unzegoen, brauch et politesche Wëllen, e kloer ausgedréckte politesche Wëllen, fir dat ze maachen.

An duerfir kommen ech och zum Schluss op dat zeréck, wourop och schonn eng ganz Rëtsch vu menge Virriedner agaange sinn a woumat dës Chambersreunioun ugefaangen huet, nämlech mat der Form, an där mer heidriwwer schwätzen.

Ech hu gëschter de Minister héieren, datt jo awer am Fong dat Gesetz, wat den Inhalt betrëfft, jo awer eng ganz Rëtsch positiv Mesüren hätt an de Minister géif et éischter ëm de Fong wéi ëm d'Form goen.

Elo ass et awer esou, datt och ech als Deputéierten nëmmen dat ka consideréieren an nëmmen dat ka wouerhuelen a bewäerten, wat ech och d'Méiglechkeet hunn, ze liesen. An do ass den Accès zu ganz, ganz wichtegen Avise fir eis Deputéiert ageschränkt gewiescht. Et ass ënner engem absolutten Zäitdrock geschafft ginn, ënner esou engem Zäitdrock, datt ech wierklech incapabel sinn, dat heite Gesetz kënnen ze stëmmen, dat duerchaus eenzel gutt Elementer huet.

A fir dem Amateurismus vun der Regierung an deem heiten Dossier awer, mengen ech, op de Fong ze kommen, géif ech dann ophale mat dem Victor Hugo, dee gesot huet: „La forme, c'est le fond qui remonte à la surface." Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. An dann hunn ech nach d'Madamm Cahen, déi sech ageschriwwen huet. Madamm Cahen.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Jo, villmools merci, Här President.

Wat hu mir allegueren eng Chance! Net dass mer um 19.50 Auer nach hei sëtzen, mee virun allem dass mer hei zu Lëtzebuerg liewen, dass mer hei zu Lëtzebuerg – wéi déi allermeescht vun ons warscheinlech – op d'Welt komm sinn, an dass mer d'Chance hunn, hei zu Lëtzebuerg däerfen ze sinn, an enger Demokratie, an engem Land, wou mer fräi kënne wielen, wéi mer wëlle liewen, mat wiem mer wëlle liewen a wéi mer onst Liewe wëlle gestalten.

An déi Chance, déi mer do hunn, dat ass och eng Responsabilitéit. Et ass eng Responsabilitéit, fir och solidaresch ze si mat Leit, deenen et net esou gutt geet, mat Leit, déi net déi Chance haten, op enger Plaz op d'Welt ze kommen, wou et de Mënschen esou gutt geet wéi ons.

An d'Madamm Delcourt huet gefrot: „Wéi eng Gesellschaft wëlle mer sinn?" Ech géing emol ufänke mat der Fro: Wéi eng Gesellschaft si mer? An ech géing awer aus menger Erfarung an opgrond vun deem, wat ech ronderëm mech gesinn, soen: Mir sinn eng Gesellschaft mat engem groussen Häerz, mat enger grousser Solidaritéit.

Eleng schonn de Fait, dass 50 % vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, net déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, beweist dat, dass mer resilient sinn, dass mer Leit hei empfänken an dass mer se och mussen empfänken, an dass mer déi Leit, déi heihinner komm sinn, egal ob mat engem Flüchtlingsstatutt oder vläicht och aus Europa, brauchen an dass déi zu onser Gesellschaft gehéieren.

An dofir wollt ech hei nach eng Kéier d'Wuert huelen, well ech mengen awer, dass et en Ënnerscheed heiansdo gëtt tëschent Theorie a Praxis. Dir wësst, dass mer 2015 eng grouss Flüchtlingswell haten, wou vill Syrer op Lëtzebuerg komm sinn. An dunn hu mer gekuckt, dass mer déi Leit esou séier wéi méiglech a Sproochecoursë bréngen, fir dass se hei och esou séier wéi méiglech kënne schaffe goen.

An aus deenen Erfarungen, mengen ech, ass jo elo deen DAPA och an d'Liewe geruff ginn. Well dat, wat mer emol virun allem feststellen, dat ass, dass och déi Leit, déi hei am Land Schutz sichen, alleguer verschidde sinn. Déi eng hu studéiert an déi aner, déi hunn ni eng Schoul vu banne gesinn. Dat heescht, et gëtt do keen „one size fits all". An dofir, mengen ech, ass dëst Gesetz och ganz wichteg, fir déi Leit, direkt wa se hei ukommen, ze accompagnéieren an ze kucken, wat se brauchen.

Well et kann een driwwer schwätzen, direkt op den Aarbechtsmaart ze kommen. Mee dat muss een natierlech och kënnen, well ee sech jo muss verstännege kënnen. An do, mengen ech, ass et exzellent, dass dat Gesetz hei nach eng Kéier de Wee verkierzt, fir kënne schaffen ze goen, well finalement, Här Baum, hänkt do jo villes uneneen oder et hänkt alles uneneen. Schaffe goen, wunne kënnen, sech eng Wunneng kënne leeschten, eng Wunneng och fannen, dat hänkt jo eent un deem aneren. Dat eent kann ee jo net lassgeléist vun deem anere gesinn.

An ech mengen, mir sinn ons eens heibannen, dass an enger idealer Welt mer gäre kleng Strukturen hätten, déi fonkelnei sinn. Mee mir liewen awer leider net an enger idealer Welt. Ech mengen, de Minister wär frou, wann der nach Terrainen hätt, wou hie kleng Strukture kéint bauen. Ech mengen, e géif mat der Bauteministesch och relativ séier eens ginn, fir direkt unzefänke mat bauen. Et gëtt déi modulär Strukturen, wéi se schonn op ville Plazen am Land existéieren. An dofir, mengen ech: Et gëtt keng ideal Welt. Well an enger idealer Welt hätte mer den Don Bosco scho laang zougemaach. Mir wollten dee scho virun zéng Joer zoumaachen, mee wa mer awer net genuch Better hei am Land hunn, jo, dann hu mer besser, mir halen déi, déi wierklech net esou gutt sinn a vläicht awer missten eng Kéier ofgerappt ginn, wéi dass mer keng hunn.

An dofir denken ech och, dass dëst Gesetz awer wichteg ass, och wat d'Rechter vun de Mineurs non accompagnés ugeet. Et ass eng substanziell Verbesserung. Dat sot Der selwer. Dir hutt – queesch duerch de Gaart, d'Oppositioun – gesot, dass dëst Gesetz eng Verbesserung ass, an dofir wollt ech awer soen, dass ech enttäuscht sinn, dass Der Iech enthaalt an dat Gesetz hei net matstëmmt, well eng Verbesserung, mengen ech, misst ee matstëmmen. Dat ass, denken ech, awer richteg a wichteg, well et gëtt een och en Zeechen hei, en Zeechen, wéi eng Gesellschaft mer effektiv wëlle sinn a wéi eng Gesellschaft mer sinn.

Just fir ze soen: D'BPIen hunn déi selwecht Rechter wéi d'Residenten hei, fir dass do awer och alles kloer ass, well déi hunn Accès zum Aarbechtsmaart an Accès zu all de Servicer, déi mer hei proposéieren.

An ech géif gären, fir meng kleng Interventioun hei opzehalen, awer soen, dass dat Wichtegst ass, dass mer ons begéinen an dass mer ons kenneléieren – dat ass och virdru scho gesot gi vu Virriedner. Ech ka mech erënneren, dass mer eng Flüchtlingsstruktur am Süde vum Land wollten opmaachen an d'Bierger ware wierklech ausser sech. A si hu ganz béis Saache gesot, wat elo alles géing geschéien, wa mer déi Struktur géifen opmaachen. Ech war deemools mam deemolegen Inneminister Dan Kersch op der Plaz an dat war kee flotte Moment!

Abee, wéi déi Flüchtlinge bis do gewunnt hunn – dat waren deemools ganz vill jonk Eritreeër –, krute mer Bréiwer geschéckt, si hätte sech geiert. Do hunn d'Leit gesot: „Hei, dat fonctionéiert super gutt. Déi jonk Leit sinn immens fein a si hëllefen ons och a mir hëllefen hinnen", an esou weider.

An dat Zesummeliewen, dat mer hei zu Lëtzebuerg hunn, egal ob dat Flüchtlinge sinn oder Residenten, ob dat Leit sinn, déi hei gebuer sinn oder enzwousch aneschters, ob dat Leit sinn, déi fir e puer Joer just hei sinn oder fir hiert Liewen hei sinn … Et ass ons Responsabilitéit, déi Leit zesummenzebréngen! Et ass ons Responsabilitéit, déi Leit ze empfänken, déi virum Krich fortlafen. Et ass ons Responsabilitéit, deene Sécherheet ze ginn. Dat ass jo mol schonn dat Alleréischt! An et ass ons Responsabilitéit, dass och si kënnen e Liewensprojet hunn, e Liewensprojet wäit ewech vun do, wou si vläicht hir Racinnen hunn, wäit ewech vun do, wou hir Frënn sinn, wou hir Famill ass. An dofir wollt ech just soen, dass ech et awer wierklech richteg géing fannen, wann Der Iech et nach eng Kéier géingt iwwerleeën an dat Gesetz hei awer géingt matstëmmen.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Cahen. Den Här Baum wollt der Madamm Cahen eng Fro stellen.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Jo, mir soen emol, et wär eng Fro.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Da kommt, mir soen et emol sou. Madamm Cahen, huelt Der se un?

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Jo, ma natierlech.

**M. Claude Wiseler,** Président | Ma selbstverständlech. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Ech wollt froen … D'Madamm Cahen huet mech jo quasi opgefuerdert, nach eng Kéier iwwer mäi Vott nozedenken, an ech wollt si froen, ob si dann ee Moment mäi Reflexiounsprozess begleede kéint, deen doranner besteet, datt – an dat hunn ech och schonn an der Presidentekonferenz gesot – ech effektiv bis gëschter, bis elo net weess, wéi ech ofstëmme soll. Ech gesi sécher eenzel gutt Elementer dran, mee ech stellen awer fest, datt déi Aart a Weis, déi mer eis ginn, fir an der Chamber ze schaffen – nämlech och op Avise vun der Zivillgesellschaft an notamment och vun Institutioune wéi der UNHCR ze lauschteren, déi eng Hellewull u Recommandatioune gemaach hunn, wat een nach sollt änneren, a wou de Minister an der Kommissioun gëschter selwer huet misse soen: „Sorry, eis Servicer hunn dat do mol net kënne liesen" –, esou en Zäitdrock war, datt ech och elo ënnert deene Konditiounen net gudde Gewëssens kann deem heiten einfach esou meng Zoustëmmung ginn. An ech wollt Iech froen, ob Der dee Reflexiounsprozess novollzéie kënnt.

*(Hilarité)*

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Ech kann dee Reflexiounsprozess novollzéien. Allerdéngs geet et hei ëm eng EU-Direktiv, an Dir wësst, dass een do natierlech zäitlech gebonnen ass. Ech mengen, et heescht

jo net, dass een, wann Der haut matstëmmt, net ka weider och nach heirunner schaffen. Ech denken, dass dat hei vläicht dann e Schrëtt an déi richteg Richtung ass an dass een och weiderhi kann dru schaffen, och un deem Gesetz an un der Verbesserung.

An ech mengen, dat ass jo dat, wat mir all Dag hei an der Chamber och maachen: weider dru schaffen, fir ze kucken, d'Texter nach ze verbesseren an nach besser ze maachen. Dofir wär dat hei elo mol en éischte Schrëtt. Do géing ech Iech da gären hëllefen an Ärer Decisiounsfindung, fir dat hei emol matzestëmmen, an da kann ee jo dann de Rescht och nach accompagnéierend begleeden an da vläicht och nach aner Saachen an Zukunft zesumme stëmmen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Cahen. Domat wär dann d'Lëscht vun de Riedner a vun de Froesteller ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert, den Här Familljeminister. Här Minister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Max Hahn,** Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Merci, Här President. Ech muss mer elo ganz vill Méi ginn, well ech hunn erausghéieren, dass ee vläicht nach deen een oder deen anere kann iwwerzeegen hei. Dat heescht, ech wäert emol probéieren, mäi Bescht ze ginn.

Awer fir d'alleréischt géing ech ganz gären de Virriedner Merci soen a virun allem der Rapportrice. Et ass gesot ginn, dass mer hei änner Zäitdrock geschafft hunn. Jo, dat hu mer. Ech mengen, den Text ass viru siwe Wochen deposéiert ginn. Haut stëmme mer en hei of. Elo kann een driwwer streiden, ob een a siwe Woche genuch Zäit huet, fir 37 Artikelen ze liesen oder net, mee ech wëll awer virun allem der Rapportrice e ganz grousse Merci soen an all de Servicer, déi hei gehollef hunn, de Leit aus de Verwaltungen, aus de Ministèren, déi och dozou bäigedroen hunn, dass mer deen Text hei kënnen ëmsetzen. An och merci fir déi gutt Kooperatioun mat de Servicer vum Léon Gloden.

Et ass séier geschafft ginn, mee et ass awer och ganz gutt geschafft ginn. Ech menge schonn, dass dat heiten, déi Accueil-Direktiv, déi mer hei ëmsetzen, en Text ass, dee schonn däitlech Verbesserunge wäert virgesinn. An ech wëll Iech och soen, dass ech mer hei, wann ech hei iwwert d'Accueil-Gesetz schwätzen, eelef Joer méi jonk virkommen, well virun eelef Joer, am Joer 2015 – d'Madamm Cahen weess dat –, hu mer hei d'Direktiv vun 2013 ëmgesat, wou et deemools och schonn zu Verbesserunge komm ass, wou een och nach méi wäit gaang ass, wéi d'Direktiv et virgesinn huet. Ech wäert elo gläich dodrop agoen.

Et ass awer hei vläicht anescht wéi beim Projet vum Léon Gloden virdrun: Dat heiten, an esou éierlech sinn ech, ass dann awer elo wierklech net eng ganz grouss Revolutioun fir Lëtzebuerg. Ëm wat geet et? Bei der Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv geet et drëms, europäescht Recht an nationaalt Recht ëmzesetzen. An hei ass déi grouss Prioritéit gewiescht, derfir ze suergen, dass mer probéieren, innerhalb vun der EU déi selwecht Standarden hierzestellen a virun allem déi sekundär Beweegungen domat och ze reduzéieren. An et ass virdru beim Gesetzestext zu Recht drop opmierksam gemaach ginn, dass grad Lëtzebuerg eigentlech vill Leit huet, déi net direkt op Lëtzebuerg kommen, mee de Wee nach iwwert en anert Land virdrun haten, soudass dat heiten och wäert kënnen derzou bäidroen, dass déi sekundär Beweegunge kënne reduzéiert ginn.

Et heescht awer och, an esou éierlech musse mer och sinn: Et ass sécherlech ëmmer nach Potenzial, alles besser ze maachen. Mee fir Lëtzebuerg, mengen ech, ass dat heiten, déi Ëmsetzung vun där EU-Direktiv, elo e manner groussen Opwand wéi dat fir aner Länner sécherlech de Fall ass, woubäi ganz vill EU-Memberlänner mol de Wee Richtung lëtzebuergesch Standarde musse sichen a musse fannen.

A wann een e bësse kuckt, wien deen Asyl- a Migratiounspakt ëmgesat huet vun de 27 EU-Memberlänner, dann, wéi gesot, ass Lëtzebuerg am gesécherte Mëttelfeld. Et si Länner, déi hu mol nach net ugefaangen domat, en ëmzesetzen.

Mee, wéi gesot, an dat ass erkläert ginn – ech mengen, d'Stéphanie Weydert an de Gilles Baum hunn et virdrun an hirer Introduktioun gesot –: Mir wäerte wëllen, dass mer hei juristesch op der sécherer Säit stinn, besonnesch wann Decisioune getraff ginn innerhalb vun der Immigratiounsdirektioun, soudass mer do kee juristesche Vide hunn.

Ech hunn et gesot: Lëtzebuerg ass a ganz ville Punkte scho ganz gutt opgestallt a geet däitlech méi wäit wéi d'EU-Direktiv et virgesäit. Just ee Beispill: Hei zu Lëtzebuerg huet een d'Obligation scolaire ab dem éischten Dag, wou e Kand hei zu Lëtzebuerg ukënnt. D'Direktiv géing do beispillsweis zwee Méint just virgesinn.

Den Accès op den Aarbechtsmaart huet Lëtzebuerg haut schonn – säit dem Joer 2015, gediert, Madamm Cahen? Lëtzebuerg huet den Accès op den Aarbechtsmaart ab sechs Méint opgemaach. Deemools hat d'Direktiv néng Méint virgesinn. Déi haiteg Direktiv geet e Schratt a Richtung Lëtzebuerg, also a Richtung sechs Méint. A wat mécht Lëtzebuerg mat deem hei Gesetzestext? Mir wäerten den Delai reduzéieren op véier Méint, wat eng däitlech Verbesserung ass. A mir wäerte virun allem och déi temporär Aarbechtserlabnis, déi et am Moment nach gëtt, eliminéieren.

Ech géif dann och ganz gär der Madamm Delcourt, déi de Verglach gemaach huet, wou se gesot huet, dat wär jo eigentlech super, dass mer 'de Leit ab véier Méint Zougang op den Aarbechtsmaart géinge ginn, dass een och keng temporär Aarbechtserlabnisse méi bräicht, mee et wier e bësse wéi en Auto ouni Steierrad, mengen ech, hutt Der gesot, wann een net och den Accès hätt op d'Aarbechtsvermëttlung iwwert d'ADEM ... Bon, ech wëll Iech da just soen: Maacht Iech net méi schlecht, wéi Der sidd. Ech mengen, Dir hutt jo och laang den Aarbechtsministère gestallt. Dir hätt dat doten och kënnen all déi Jore scho laang aféieren, well dat doten ass eppes, wat ganz beim Aarbechtsministère läit.

Et ass haaptsächlech de Punkt nach op: den Accès zu der ADEM och fir d'DPIen. Ech hunn Iech gesot, dass d'Diskussiounen do innerhalb vun der Regierung lafen, fir ze kucken, wéi mer och kënne kucken, dass mer d'Aarbechtsvermëttlung hei mat erakréien. Dat ass net e Bestanddeel heivun, mee kommt, mir sinn eis dach eens, dass dat heite schonn eng däitlech Verbesserung ass par rapport zum System, wéi mer en haut kennen. Well, wéi gesot, den DPI, nodeems e véier Méint seng Demande huet, wäert en den Accès op den Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg kënnen inconditionnellement kréien. Dat, mengen ech, ass e ganz, ganz grousse Schratt, iwwert dee mer eis solle freeën, dee mer am Koalitiounsprogramm esou festgehalen hunn, dee mer heimat wäerten ëmsetzen.

A wann een nach sollt e Schrëtt weidergoen – ech hunn Iech gesot: D'Diskussioune lafen, ënner anerem, wat d'Aarbechtsbegleedung ugeet –, da sidd Dir déi Éischt, déi dovunner matkréien. Wéi gesot, ech hunn an der Kommissioun e puermol gesot, dass d'Diskussiounen an deem dote Kontext amgaang sinn ze lafen.

Firwat ass dat esou wichteg, dass d'Leit den Accès op d'Aarbecht kréien? Well dat ass, fir dass se sou séier wéi méiglech e Stéck vu Lëtzebuerg kënne ginn, dass se sech séier kënnen integréieren a virun allem, dass se ganz fréizäiteg kënnen op hiren eegenen zwee Féiss stoen. Et ass d'ailleurs eppes, wat grad d'Acteure vum Terrain ... Déi sinn hei vill ugeschwat ginn. Ech mengen, déi hu sech a villen Artikelen an deem heite Gesetzestext erëmfonnt. Dat do ass sécherlech een dervun. Anerer ... Wéi gesot, hei muss ee wëssen: Hei geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv. Hei ass schonn e strikte Kader, dee virginn ass. A bei ganz ville Saachen – an dorobber, mengen ech, kënne mer och houfreg sinn – brauch een net de gesetzleche Kader, fir se anzeféieren.

An da kommen ech bei grad déi Formatiounen, déi mer ubidden, zum Beispill d'Alphabetiséierungscoursen, d'Sproochecoursen, déi Lëtzebuerg, mengen ech, ganz exemplaresch mécht, wat mer ëmmer erëm zesummen iwwert all déi Joren hei probéiert hunn auszebauen, och mat der Ënnerstëtzung grad vun den Acteure vum Terrain.

A jo, mir sinn elo an der Praxis schonn e puer Schrëtt nach weidergaangen, ier mer hei den Text hu missen ëmänneren, wat mer hei mam Text formaliséieren. Ech schwätzen ënner anerem vum DAPA-Cours. Dat si Formatiounen, déi mëttlerweil ..., an dat hu mer 2024 getest an ab 2025 kritt all Demandeur de protection internationale, wann en hei zu Lëtzebuerg ukënnt, déi Formatiounen ugebueden, wou et drëms geet: Wéi fonctionéiert Lëtzebuerg? Wéi fonctionéieren déi administrativ Demarchen? Wéi fonctionéiert den ëffentlechen Transport, de Gesondheetssystem an, an, an? Ech mengen, dat ass eppes, wat nach gefeelt huet am System. An ech hu fonnt, dass genau dat doten eppes wier, wat utile wier. An dat ass esou wichteg gewiescht, dass mer dat heiten, wat net an der EU-Direktiv virgesi war, hei dann och am Text formaliséieren.

Eppes aneres, wat mer hei och formaliséieren, dat ass den Accès zum Biergerpakt fir den DPI. Wat ass de Biergerpakt? Bon, de Biergerpakt ass en Instrument, dat mer agefouert hunn am Kader vum Gesetz vum Vivre ensemble interculturel. Dir erënnert Iech vläicht – deen een oder deen aneren –, wou et eis drëms geet, dass d'Leit d'Land, d'Leit, d'Traditiounen, d'Sproochen, d'Kulture fréizäiteg kënne kenne léieren. An et war mir wichteg, och mat deem heite Gesetzestext derfir ze suergen, dass mer eebe grad och den Accès zum Biergerpakt hei hierstellen – och um Pabeier. Mir hunn dat an der Praxis scho gemaach. Dofir hu mer keen Text gebraucht. Mir hunn et awer hei an d'Gesetz agefüügt, well och dat enorm wichteg ass, fir dass d'Leit sech géigesäiteg kenne léieren, dass se eis Sprooche léieren. Hei kritt een iwwert de Biergerpakt den Accès zum Sproocheléieren.

An et ass virdru gefrot gi vum Dan Hardy: „Wéi eng Sprooche sinn dat?" Ab dem éischten Dag kann een hei all d'Sprooche vum Land online léieren, nieft all deenen anere Formatiounen, déi et scho gëtt iwwert den Institut national des langues. D'Kanner, wa se scolariséiert sinn, hunn dat souwisou, well et eis wichteg ass.

Wa Leit dann och fréizäiteg aktiv solle sinn, wa se no véier Méint kënnen op den Aarbechtsmarché kommen, da solle se vum éischten Dag un, an dat ass mäi grousst Uleies, sech hei beméien, d'Sproochen, d'Kulturen, d'Traditioune kennen ze léieren, fir dass se och no véier Méint prett sinn, fir kënnen an d'Aarbecht ze kommen a fir dass, wa se da bis hir Decisioun

hunn, wa se kënnen hei zu Lëtzebuerg bleiwen, se dann och kënnen d'ONA-Strukture verloossen – well ech si ganz averstan domat, dass dat keen Dauerzoustand soll a ka sinn – a fir dass se dann, wéi gesot, kënnen hire Wee hei zu Lëtzebuerg maachen.

Wat d'Aarbecht ugeet, vläicht awer nach zwee, dräi Wierder, déi ech awer och hei wëll ervirhiewen. Mir hunn och net op dee Gesetzestext hei gewaart, fir ganz nei Adaptatiounen ze maachen.

Déi hei Regierung huet eppes gemaach, wat et virdrun nach net ginn ass. Ech hat dat mam viregten Aarbechtsminister, dem Georges Mischo, agefouert. Dat ass, dass mer Jobdays fir DPIe schonn agefouert hunn, wat et virdrun net ginn ass, well mer eebe grad d'Bedeitung scho gesinn hu fir déi Leit, déi duerften an eng AOT kommen, dass mer déi och probéieren ze vermëttelen. Wéi gesot, dat ass eppes, wat ganz wichteg ass. Mir hunn et gepackt. Just déi AOTen, déi mer elo zwar ofschafen ..., mee fir Iech nach eng Kéier ze weisen, wéi wichteg et där heiter Regierung et ass, d'Leit an d'Aarbecht ze kréien: Wa mer d'Zuele kucken, wéi vill Leit an esou enger temporärer Aarbechtsbeschäftegung waren, da waren dat der 2023 139, d'Joer drop waren et der 371 an d'lescht Joer waren et der 690. Sécherlech ass do nach Loft no uewen. Dofir schafe mer se jo of. An dofir wëlle mer jo och derfir suergen, dass d'Leit schonn no véier Méint an d'Aarbecht kommen. Mee ech mengen, dass dat doten och e flott Beispill ass, wéi wichteg et der Regierung ass, d'Leit an d'Aarbecht ze kréien.

Ech géif vläicht nach op déi eenzel Remarken agoen, déi gemaach gi sinn, a Froen, déi gestallt gi sinn. Dir hutt et gesi virdrun. Fir et kuerz ze maachen: Ëm wat geet et hei mat deem Gesetzestext, dee mer hei stëmmen? Dorëm, d'Leit prett ze maachen, fir dass se méi séier en Deel vu Lëtzebuerg kënne ginn, andeems mer hinnen déi richteg Instrumenter un d'Hand ginn, andeems mer derfir suergen, dass se d'Sproochen, d'Traditiounen, d'Kulturen, d'Land an d'Leit kenne léieren, andeems mer derfir suergen, dass se méi séier employabel ginn a méi séier an d'Aarbecht kënne kommen, nämlech an Zukunft schonn no véier Méint. Dat ass, mengen ech, dat grousst Aushängeschëld vun der Ëmsetzung vun där heiter Direktiv.

An dann, wéi gesot, och d'Avisen, déi mer erakruten, hunn, mengen ech, ganz vill op Saachen opmierksam gemaach, déi ee sécherlech nach méi hätt kënnen am Detail hei am Gesetzestext nidderschreiwen. Mee et gëtt eng geliefte Praxis. Et muss een och wëssen: Et ass net esou, dass den Dag, nodeem dat Gesetz hei a Kraaft trëfft, nämlech den 12. Juni, den éischte Refugié hei zu Lëtzebuerg wäert ukommen. Mir hu ganz vill Erfarung hei zu Lëtzebuerg gesammelt, net nëmmen am ONA, mee doriwwer eraus. An ech mengen, do si ganz vill Efforte gemaach ginn iwwert déi lescht Joren, wou mer ëmmer erëm probéiert hunn, dat Ganzt auszebauen, grad am Interêt, fir d'Dignitéit vun all eenzelne Refugié ze garantéieren. An dodru wäert sech hei iwwerhaapt näischt änneren. Ganz am Géigendeel. Mir wäerte grad kucken, de Leit nach méi Ënnerstëtzung ze ginn, well mer wëssen, dass Integratioun e Prozess ass, dee just fonctionéiert, wa béid Säite sech voll ustrengen. Ech erwaarde vun de Leit, déi op Lëtzebuerg kommen an hei Schutz sichen, e vollst Engagement. A mir probéieren dat selwecht och als Politick – de Kader ze schafen, fir dass déi Integratioun ka gutt fonctionéieren.

Da sinn ech drop ugeschwat ginn: „Den ONA selwer, ass e prett? A wéi gesäit et aus mat der Funktiounsweis vum ONA, der Ëmsetzung vum Audit?" Ech wëll Iech soen, dass ech relativ fréizäiteg – ech mengen, ech war sechs Méint Minister – gesot hunn, dass ech gär eng Kéier eng déifgräifend Analys hätt vun der Funktiounsweis vun der Verwaltung selwer vum ONA. Virun e puer Wochen hunn ech Iech an der Chamber den Audit presentéiert. En ass ëffentlech gemaach ginn. Ech hunn Iech och deemools gesot, dass ech den ONA beoptraagt hunn, eng Taskforce a Betrib ze huelen, wat geschitt ass, fir eebe grad ze kucken, wat déi éischt – op Neilëtzebuergesch – „low-hanging fruits" sinn, fir eebe grad ze kucken, relativ séier Saachen ëmzesetzen.

An dann hunn ech Iech och gesot, dass ënner anerem och en neien Direkter rekrutéiert wäert ginn. De Rekrutementsprozess ass souwäit, dass d'Posten ausgeschriwwe waren. Déi Phas ass ofgeschloss, soudass elo wäerten d'Astellungsgespréicher stattfannen an da wäert dat och ..., an dat war och am Profill vum zukünftegen ONA-Direkter. Dat wäert eng vu sengen Haaptmissioune sinn, well wat mer do kruten an deem Audit, dat sinn op där enger Säit vill Recommandatiounen, e Baukasten, wëll ech ganz gär soen, wat ee wëll besser maachen. Do si Saachen, déi gi méi séier, mee dat ass e Prozess, dee wäert Méint a Joren daueren, well dat eent ass, Saachen ze erkennen an opzeweisen, an dat anert ass, et dann herno ëmzesetzen.

An dat wäert e Prozess sinn, dee vill Energie wäert kaschten, mee genau dat wollt déi heite Regierung, dofir hunn ech deen heiten Audit an Optrag ginn. Well, d'selwecht wéi bei de Strukturen, gëllt dat och bei dëser Verwaltung: Eist Zil ass et, dat Beschtméiglecht aus deem ze maachen, wat mer hunn, an dat gëllt selbstverständlech och fir d'Verwaltung selwer.

Dann ass nach ugeschwat ginn, wéi d'Zesummenaarbecht vum ONE a vum ONA wier. Och do, wéi gesot, erfanne mer näischt nei. Do ass iwwer Jore ganz gutt Zesummenaarbecht developpéiert ginn. Dat, wat mer elo hei maachen, dat ass, dass mer eppes formaliséieren am Gesetzestext, wat scho bal geliefte Praxis ass, nämlech dass den ONE responsabel ass, grad fir d'Mineur-non-accompagnéën. Dass en och do fir den Encadrement zoustänneg ass, mengen ech, wier iwwerall staark begréisst ginn.

Et gouf nach opgeworf, ob een net nach hätt méi spezifesch drop kënnen agoen, wat elo d'Kompetenze vun deem Eenzelne sinn. Dofir brauche mer net d'Gesetz hei vun der Ëmsetzung vun der EU-Direktiv, dofir hu mer d'ONA-Gesetz, mir hunn d'ONE-Gesetz, wou genau dra festgehal ass, wat deem engen an deem anere seng Kompetenze sinn, an do driwwer eraus, wéi gesot, ass dat heite keen Neiland, weeder fir deen een nach fir deen aneren.

Ech mengen, dass hei ganz gutt Aarbecht gemaach gëtt, an ech géif ganz gären deene béide Partner an all de Partner, déi hëllefen hei zu Lëtzebuerg, deen dignen Encadrement hei vun de Refugiéen ze garantéieren, all Eenzelnem e ganz, ganz grousse Merci soen, well et ass keng ganz einfach Aarbecht. Am Géigendeel, et ass souguer eng ganz schwiereg Aarbecht, an ech weess, wat déi Leit alleguerte leeschten. Dofir hinnen och op dëser Plaz nach ofschléissend e ganz grousse Merci fir hiren Asaz.

Op dem Här Dan Hardy seng Fro iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch sinn ech agaangen. Ech hunn Iech gesot, dass dat alleguerten d'Sprooche vum Land sinn, déi se iwwert de Biergerpakt do offréiert kréien, wat och enorm wichteg ass, dass se eebe grad relativ fréizäiteg sech hei zu Lëtzebuerg och kënnen integréieren.

Da sinn ech gefrot ginn ... Madamm Bernard, ech muss Iech eppes soen: Är Energie, déi Dir hei um Riednerpult bruecht hutt, fir an deem heite Beräich ... Et ass eigentlech bal e bësse schued – wann ech eppes Klenges, e Bemoll ka soen –, dass Der déi selwecht Energie net déi lescht zéng Joer hat, wou Der mat an der Regierung waart, wou Der Saachen hätt kënnen en place setzen.

*(Brouhaha)*

Ech erkläre mech, ech erkläre mech! Wann ech hei vun Iech héieren, dass Dir sot, dee Plan de contingence, also e Plang am Krisemodus opzestellen ..., dass et deen net scho säit Jore géif ginn, ma da mengen ech, ech géif net richteg héieren. Also, ech hunn an der Chamberkommissioun ni probéiert, do awer elo iergendengem e Virwurf ze maachen. Ganz am Géigendeel! Ech hunn op där enger Säit gesot, dass esou e Plang auszeschaffen eng immens schwiereg Aufgab ass op där enger Säit, well dat virun allem eppes ass, wou net nëmmen eng Verwaltung involvéiert ass. Do si vill Verwaltungen, vill Ministèren involvéiert, do sinn awer och Partner wéi d'Police, wéi d'Arméi mat involvéiert, de CGDIS, den HCPN sinn hei involvéiert, soudass dat eppes ass, wat op där enger Säit vill Aarbecht wäert verlaangen.

Ech hunn Iech gesot, dass mer do amgaange sinn, drun ze schaffen. Ech hunn Iech och gesot, dass ech Iech dee presentéiere kommen ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Hahn, Dir misst zum Schluss kommen, wannechgelift.

**M. Max Hahn,** Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Just, wann Der erlaabt, nach zwee Wierder, well deen dote Plang awer vill thematiséiert ginn ass.

An dann op där anerer Säit hunn ech gesot: Lëtzebuerg huet zwou grouss Krisen hannert sech, nämlech déi vum Afflux massif aus Syrien an och aus der Ukrain, wou déi Lëtzebuerger Politick sech bewäert huet. A lo gëllt et och do, déi positiv Saachen, déi mer do agefouert hunn, op Pabeier ze bréngen, fir eebe grad ze kucken, dass all Acteur do beschtméiglech seng Roll kann erfëllen.

E lescht, allerlescht Wuert, dat ass: Den Här Baum huet mech gefrot, wéi et ass, wann een d'Geldleeschtunge kéint entzu kréien. Op där enger Säit – ganz wichteg – hunn ech awer och an der Chamberkommissioun, Dir wësst dat, erkläert, dass et do just ëm Täschegeld geet, net ëm Montante fir Iessensgeld oder Hygiène beispillsweis. An Dir hutt och do erkläert kritt vum Här Hayot, dem Chefjurist, dass dat eigentlech am ganz minimale Beräich ass – tëscht dräi a fënnef Leit pro Mount, mengen ech, hat e gesot, wou esou eppes gemaach gëtt. An do musst Der wëssen, dass dat schonn eppes ass, wou eigentlech ganz vill muss geschéien, an awer ass dat déi eenzeg Handhab, déi een heiansdo huet, fir awer Leit drop opmierksam ze maachen, dass et och Reegelen an de Strukturen innerhalb vum ONA gëtt, déi ee muss respektéieren.

An dann och nach eng Kéier zum Montant: Do schwätze mer vun 30 Euro pro Mount, déi do maximal de Leit kéinten ewechgeholl ginn. An ech mengen, och d'Zuelen, wéi gesot, ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Hahn, wannechgelift.

**M. Max Hahn,** Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | ... sinn do relativ kleng.

Ech soen Iech villmools Merci fir déi breet Zoustëmmung. An ech hunn d'Gefill, wéi wann d'Madamm Bernard mer eng Fro wéilt stellen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech wëll e puer Froe stellen, mee erlaabt mer, awer kuerz ze reagéieren. Den Här Minister huet mech direkt ugeschwat.

Ech wäert mer et och weiderhin net huele loossen, mech mat där selwechter Energie hei fir déi dote Mënschen anzesetzen. Ech hunn dat 2015 als Biergerin gemaach. Do war ech am Kontakt mat der deemoleger Ministesch, der Madamm Corinne Cahen – si erënnert sech. An ech wäert et och haut maachen. An ech hunn et d'ailleurs och an der leschter Legislatur, wou ech an enger Majoritéit war zesumme mat Iech, mat Ärer Partei zumindest, deemools schonn a ville Gespréicher mam Här Asselborn gemaach, an ech wäert dat ëmmer weider maachen, well ech iwwerzeegt sinn, dass déi dote Mënschen och hei an der Chamber eng staark Lobby brauchen. An ech wäert mech net dofir genéieren an ech wëll awer trotzdeem nach eng Kéier Iech drun erënneren, Här Minister, dass – Dir waart deemools schonn an der Regierung – och deemools schonn net ëmmer alles richteg gelaf ass. Mee och Dir hätt Iech deemools genausou vill kënnen dofir asetze wéi ech. An ech mengen, ech brauch mech do op jidde Fall net ze genéieren.

Da kommen ech zu menge Froen. Ech wëll Iech froen, ob Der kënnt Stellung huelen zu mengem Amendement, deen ech hei deposéiert hunn zu enger méiglecher Ännerung vum Code du travail. Ech hunn héieren, wéi Der par rapport zur Motioun vun de sozialistesche Kolleege reagéiert hutt. An ech verstinn net esou wierklech, u wat et läit, well Dir hutt an der Kommissioun gesot: „Jo, mir sinn a Gespréicher mam Travail."

Eng éischt an einfach Fro: Sidd Dir der Meenung, Här Minister, dass mer hei d'ADEM sollen accessibel maache fir d'Demandeurs de protection internationale, jo oder nee? A falls d'Äntwert jo ass, u wat läit et? War et en Oubli, dass dat einfach verpasst ginn ass? Wat jo mol ka geschéien. Ech wëll dat elo mol nach guer net weider jugéieren, mee dann hu mer Iech hei mat dësem Amendement eng Hëllefstellung ginn, fir kënnen aus dëser Situatioun erauszekommen, an ech mengen, mir alleguerte misste jo awer, fir dat Ganzt a senger Konsequenz duerchzedenken, iwwerzeegt si vun der Wichtegkeet, dass d'ADEM hei och een Deel vun der Léisung ka sinn, fir dëse Mënschen den Accès op den Aarbechtsmaart méi einfach ze maachen. Dowéinst hu mer eng ganz konkreet Propos hei virgeluecht. Ech wier frou, heizou eng Stellungnam vun Iech ze héieren.

An da wëll ech awer op deen Urgenceplang agoen. Ech mengen, et ass awer e wichtege Volet an dësem Gesetz. Ech verstinn, datt dat keen einfachen Exercice ass an hunn dowéinst eng Motioun virgeluecht, déi Iech wierklech nach eng Kéier encourageéiere soll, och hei d'Zivillgesellschaft an deem Prozess net ze vergiessen, an awer och e konkreeten Timing anzehalen, well et ass net näischt, wat hei verlaangt ass. Mir hunn extra dovunner ofgesinn, hei ze soen: „Kommt wannechgelift a sechs Méint an d'Chamber", mee kommt wannechgelift zäitno an d'Chamber a bannt d'Chamber an d'Zivillgesellschaft wannechgelift mat an. Dowéinst déi Motioun. Ech géif wierklech hoffen, dass mer vläicht zesummen hei och an deem Esprit vum Bon sens an der Gemeinsamkeet, wou jo d'Madamm Cahen e flamende Plädoyer dofir gemaach huet, och dës Motioun kéinte stëmmen, well ech mengen, et ass e wichtegen Outil. An ech hoffen, dass mir och do kënnen Iech an där Aarbecht ënnerstëtzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Hahn.

**M. Max Hahn,** Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Sou, da vläicht zu Ärem alleréischte Punkt. Also, ech freeë mech iwwer all Ënnerstëtzung, mee meng Remark, déi ech Iech virdru gesot hunn, dat ass éischter: Wann een et sou laang hätt kënne matmaachen, et dann awer net gemaach huet an hei fuerdert, et hätt iwwer Jore scho missen do sinn, da bréngt dat mech awer minimal zum Schmunzelen.

An ech hu jo och gesot, et wär e ganz schwieregen Exercice, deen een hei mécht, soudass ech dat doten ni verlaangt hunn an net géing soen, ech hätt gären, dass dat scho säit Jore gemaach wier. Ganz am Géigendeel! Ech hunn dat schonn op e puer Plaze gesot, hei elo virdru widderholl – ech géif dat dann nach eng Kéier maachen –, dass dat doten eppes ass, wou déi zwou viregt Regierunge sech 2015 an 2022 an der Praxis bewäert hunn. An et gëllt eebe grad, déi Saachen, déi do entstane sinn, beieneen ze bréngen an eebe grad ze kucken, wéi een déi eenzel Prozesser do besser mécht.

Ech hunn Iech och gesot, dass ech wäert zesumme mat deenen anere Ministerkolleegen un deem Plang intensiivst schaffen. Mir hunn en Aarbechtsgrupp do en place, dee sech grad heimat speziell auserneesetzt. Do si ganz vill Acteuren implizéiert, an ech hunn Iech gesot – dofir brauch ech och Är Motioun eigentlech net, well ech dat gesot hunn; ech géif et dann hei awer nach eng Kéier formell widderhuelen –, dass, soubal wéi dee Plang fäerdeg ass, ech deen dann och wäert an d'Chamberkommissioun presentéiere kommen.

Dann hutt Der en Amendement gemaach, fir ze kucken, fir grad d'ADEM direkt mat ze implizéieren. Ech hunn och do an der Chamberkommissioun zweemol gesot, dass et hei an deem Text, dee mer haut hei stëmmen, drëms geet, mol schonn e richteg grousse Schratt ze maachen. Mir schafen d'AOT, also déi temporär Aarbechtsbeschäftegung, komplett of, déi eng ganz grouss Hürd, eng ganz grouss Barrière ass, wat eleng schonn e grousse Schratt wier, an zäitgläich dozou gi mer mat der Durée vu sechs Méint op véier Méint erof, wat nach eng Kéier e grousse Sprong ass.

De leschte Freiden hat ech eng ganz interessant Entrevue mat der Direktesch vun der EUAA. Déi ass aus dem Staunen net méi erauskomm, wéi ech hir dat do erkläert hunn. A wéi ech hir du gesot hunn, mir wären och amgaang, Diskussiounen innerhalb vun der Regierung ze féieren, fir ze kucken, wéi mer fir déi doten DPIen och eng Aarbechtsbegleedung garantéiere kënnen, do huet se nach méi gestaunt. An dat, wat ech Iech domat wëll soen, ass, dass dat Ganzt en Exercice ass, deen déi heite Regierung ganz seriö hält.

Hei ass jo virun e puer Méint och scho mol eng Motioun an deem dote Kontext gestëmmt ginn, wou mer haut een Deel ëmsetzen, nämlech d'AOT ofzeschafen. Do steet och, dass mer den Accès zur ADEM géinge vergréisseren. Ech hunn Iech awer gesot, dass dat doten eppes ass, wou am Moment nach Diskussiounen an der Regierung lafen, soudass mer nach keng final Decisioun hunn. An ech hunn Iech och gesot, dass den Aarbechtsminister zesumme mat mir wäert, soubal wéi déi Diskussiounen ofgeschloss sinn, soubal wéi dat tranchéiert ass, ganz, ganz gären an eng Jointe-Kommissioun kommen an Iech dann erklären, wat eis Propos als Regierung och an deem dote Kontext ass.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci. Ech gesinn, d'Madamm Bernard wëllt nach eng Kéier d'Wuert froen. Dir hutt nach eng Kéier d'Recht an dann ass Schluss.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci. Ech weess, ech strapazéieren elo hei ville Leit hir Nerven. Et ass mer awer wichteg, well mir hunn effektiv eng Motioun hei an der Chamber gestëmmt, wou ganz vill Deputéiert heibannen der Meenung waren, dass d'ADEM hei sollt och kënnen Demandeurs de protection internationale en charge huelen.

Dir sot mir elo: „Et lafe Gespréicher mam Aarbechtsminister. Mir sinn eis an der Regierung nach net richteg eens." Ech froen Iech elo als Alleréischt, Här Minister: Sidd Dir der Meenung, dass d'ADEM dofir soll responsabel sinn? Deelt Dir den Avis vun dëser Chamber, déi dat bei dëser Motioun gestëmmt huet, oder deelt Der en net? A wann Dir domadder averstane sidd, da ginn ech dovun aus, dass d'CSV e Problem domadder huet. An da géing ech awer och ganz gären eng Stellungnam vun de Kolleeginnen a Kolleegen aus der CSV heizou héieren, well ech versti wierklech net, u wat et hei sollt scheiteren!

Merci.

**M. Max Hahn,** Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Madamm Bernard, bei allem Respekt, mir sinn eng Regierung a mir schwätze mat enger Sprooch, mat enger Sprooch!

*(Brouhaha)*

An déi heite Regierung huet sech ...

*(Interruption)*

Déi hei Regierung huet sech eppes virgeholl, wat se hei mam Vott vun deem heiten Text wäert maachen, nämlech d'AOT ofzeschafen an den Accès no véier Méint op den Aarbechtsmarché opzemaachen.

*(Interruption)*

E riseg grousse Sprong par rapport zu deem, wat mer haut hunn. An da musst Der nach e bësse Gedold hunn. Mir wäerten dat do innerhalb vun der Regierung tranchéieren an da wäert Dir mat déi Éischt sinn, mat deenen anere Kommissiounsmemberen aus deenen zwou Kommissiounen, ...

*(Interruption)*

... déi dann do wäerte bericht kréien, wat d'Regierung dann hei tranchéiert huet a wéi mer dann och do d'ADEM kënnen asetzen. Wéi gesot, wann et jo sou einfach wier, Madamm Bernard, dann, mengen ech, hätt Dir dat och virdru scho gemaach. Dat hutt Der net, dat hutt Der net. Warscheinlech hat Der och Är Ursaachen, dass Der et net gemaach hutt, dass Der eng komplizéiert AOT-Mesür en place gesat hutt respektiv gehalen hutt an den Accès no sechs Méint gemaach hutt.

Dat heescht, loosst eis elo mol Schratt fir Schratt goen. Deen dee mer haut zesumme wäerte goe mat deem heite Gesetz ass, mengen ech, schonn e ganz bedeitenden, iwwert dee vill Leit sech wäerte freeën, déi Loscht hunn, en Deel vu Lëtzebuerg ze ginn, sech hei ze integréieren iwwert de Wee vun der Aarbecht, relativ fréizäiteg doduerch och kënne selbstänneg ze sinn an op hiren eegenen zwee Féiss kënnen ze stoen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Hahn. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

***Amendements***

Éier mer zum Vott iwwert de Projet de loi kommen, leien zwee Amendemente vir, iwwert déi mer elo wäerten ofstëmmen. Ech géif also Iech soen, Dir sollt Iech prett maachen, fir iwwert déi Amendementen ofzestëmmen.

***Amendement 1***

A fir d'éischt stëmme mer iwwert den Amendement Nummer 1 of vun déi gréng – et geet zweemol ëm déi Diskussioun ëm d'ADEM –, deen als Objet huet, den Intitulé vum Projet de loi ofzeänneren.

***Vote sur l'amendement 1***

Ech maachen hei de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 20, Nee: 40.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par M. Laurent Zeimet), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Laurent Mosar), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Kemp), Paul Galles (par M. Ricardo Marques), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo (par Mme Diane Adehm), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Marc Lies), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Den Intitulé vum Projet de loi bleift also ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

***Amendement 2***

An da komme mer zum Vott iwwert den Amendement Nummer 2 vun déi gréng, deen als Objet huet, den Artikel 36bis nom Artikel 36 vum Projet de loi bäizefügen.

***Vote sur l'amendement 2***

Ech maachen och hei de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 20, Nee: 40. Dësen Amendement ass also mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Laurent Mosar), Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles (par M. Charles Weiler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo (par M. Ricardo Marques), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gérard Schockmel), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Den Artikel 36 vum Projet de loi bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

An da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8732. Den Text steet am Document parlementaire 8732[6].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8732 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 37, Nee: 12, Abstentioun: 11. Dëse Projet de loi ass also mat 37 Jo-Stëmme géint 12 Nee-Stëmme bei 11 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Ricardo Marques), Paul Galles (par Mme Françoise Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo (par M. Charles Weiler), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claire Delcourt), Ben Polidori et Ben Streff.*

*Se sont abstenus : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

***Motions***

An dann hu mer nach dräi Motiounen, déi um Büro deposéiert gi sinn. A mir kommen der Rei vum Depot no zu deenen eenzele Motiounen.

***Motion 1***

Déi éischt Motioun ass déi vun der Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt, Dir wëllt duerno eppes soen?

*(Assentiment)*

Da froen ech: Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Weiler, d'Madamm Minella, den Här Hardy. Här Weiler.

**M. Charles Weiler** (CSV) | Merci, Här President. Ech mengen, heiriwwer ass elo scho vill geschwat ginn. De Minister huet net nëmmen an der Kommissioun, mee och haut den Owend scho vill driwwer gesot. Ech mengen, déi Froen, ëm déi et sech hei handelt, ginn am Moment diskutéiert. De Minister huet et e puermol gesot: D'Regierung ass amgaang, un deem Dossier ze schaffen an d'Modalitéite sinn nach net definitiv festgeluecht. Ech mengen, datt et elo sënnvoll ass, datt déi Aarbecht seriö an am Detail gemaach gëtt. Ech mengen och, datt den Dossier net aleng just beim Travail läit, mee och d'Famille e wichtege Rôle do spillt. An et ass en Zesummespill, wou d'Ministeren och gesot hunn, datt se do un engem Strang zéien a Léisungen ausschaffen, fir déi praktesch an och déi technesch Froen ze klären. Well déi musse gekläert ginn. Et muss eng propper Grondlag do sinn, fir eng seriö Orientatioun an och eng realistesch Vermëttlung herno op dem Marché kënnen ze garantéieren. Dat ass net evident.

Ech mengen, mir sollen der Regierung elo d'Méiglechkeet loossen, dat auszeschaffen. Da komme se an d'Kommissiounen, déi zwou Kommissioune beieneen an enger Jointe, wat de Minister och virdru gesot huet. Dat ass am Interessi vun den DPIen. Et ass am Interessi vun der ADEM. An et ass och am Interessi vun engem funktionéierenden Aarbechtsmarché, esou datt mer dës Motioun zu dësem Zäitpunkt net matstëmme wäerten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weiler. Madamm Minella.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Villmools merci. Jo, hei wësse mer, dass de Familljeminister an den Aarbechtsminister schonn zesummen diskutéieren, eebe fir de Plang zäitno an d'Kommissioun och presentéieren ze kommen. Ech géif mech dann u mäi Virriedner ralliéieren a menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzestëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Här Hardy.

**M. Dan Hardy** (ADR) | Jo, merci, Här President. Also mir hu scho ronn 7 % Aarbechtsloser bei der ADEM ageschriwwen. Dat sinn net wéineg Leit, déi mer musse placéiert kréien. Dofir kënne mir mat dëser Motioun net d'accord sinn.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Hardy. Här Marc Baum.

*(Interruption)*

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Jo, merci. Merci, Här President. Dat hei ass jo elo en natlosen Iwwergang ...

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Wannechgelift, den Här Baum huet d'Wuert!

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | ... vun der Diskussioun, déi mer elo grad haten a wou den DP-Minister sech net wollt kloer positionéieren, ob et de Wonsch wier vun der Regierung, fir – an dat ass e politesche Choix! – der ADEM och d'Zoustännegkeet ze ginn an der Aarbechtsvermëttlung fir DPIen, dat heescht, datt och d'DPIe sech kënnen un d'ADEM wenden.

Den Här Weiler ass drop agaangen, datt do elo Diskussioune wieren, datt et en Zesummespill wier tëschent dem Aarbechts- an dem Familljeministère an datt een do misst un engem Strang zéien. Ben, ech stelle fest: Déi doten Diskussioun, déi féiere mer awer elo schonn eng Zäitchen an ech wier dann awer och frou, wa mer zäitno géifen zu engem Zesummespill fannen an zu Resultater, wou ee kéint soen: „Mee do sinn effektiv zwee Ministeren, déi un engem Strang zéien", well et geet alles awer finalement op d'Volontéit vun der Chamber zréck, déi mer och scho virun enger ganz laanger Zäitchen hei an der Chamber expriméiert hunn, fir dat dote wëllen ze maachen.

Am Fong freet dës Motioun och näischt aneres, wéi eng politesch Decisioun ze huelen, déi der Chamberskommissioun dann ze presentéieren, fir eeben den DPIen déi Méiglechkeet ze ginn, sech och bei der ADEM anzeschreiwen. Mir ënnerstëtzen dat selbstverständlech!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Ech gesinn elo keng aner Wuertmeldung. Dach, d'Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Jo, ech hu mäi Punkt, mengen ech, viru scho relativ kloer an däitlech gemaach. Ech wollt awer trotzdeem nach eng Kéier rappeléieren, dass mir am Oktober eng Demande gemaach hu fir eng Jointe-Kommissioun zu genau deem heite Sujet fir d'Famille an den Travail. Oktober! Am Januar hu mer e Rappell gemaach. Do goufe mer vertréischt. Elo schwätze mer scho rëm iwwert de Sujet. Et schéngt e permanente Spillball tëscht zwee Ministèren ze sinn a mir schéngen net virunzekommen.

Ech weess nach ëmmer net genau, u wiem et hei scheitert, mee dës Regierung, egal wéi eng Partei oder wéi e Ministère elo hei d'Verantwortung letztendlech huet, ka sech u sech schummen an ech mengen, dass et och wierklech net dem Wëlle vun dëser Chamber entsprécht. Ech mengen, d'Motioun war kloer an an deem Sënn ënnerstëtze mir och hei ausdrécklech dës Motioun. An ech kann Iech wierklech nëmmen eng Kéier nach häerzlech invitéieren, fir esou lues e bësse bei d'Pëtten ze kommen, well dat heite gëtt ëmmer méi penibel, wat mer méi oft ëmmer erëm déi heite Situatioun hunn, wou mer hei driwwer schwätzen an Der nach ëmmer näischt geliwwert hutt, obwuel Der eis ëmmer erëm op déi nächst Méint vertréischt.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Da kritt d'Auteure vun der Motioun d'Wuert, d'Madamm Delcourt.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech mengen, mir hunn hei elo de Punkt gemaach. Mir hu verstanen, dass hei elo nach Diskussiounen ausstinn. Mir hätten eis natierlech gewënscht, dass deen Accès zum Aarbechtsmarché elo kéint hei mat dëser Motioun bestäerkt ginn. Mir vertréischten eis dann dorobber, dass Der dann esou schnell wéi méiglech bei eis an d'Kommissioun kommt, wann Der dann Är Gespréicher gefouert hutt.

An, jo, ech mengen, et ass am Interêt vun eis a vun der Gesellschaft, dass mer déi Leit esou schnell wéi méiglech op den Aarbechtsmarché kréien, an da kucke mer, wéi dat dann elo fonctionéiert mat deem Gesetz, wat mer haut elo gestëmmt hunn, ob dat dann tatsächlech méi schnell geet oder net oder ob mer eeben d'ADEM awer brauchen, fir kënnen e besseren Accès ze garantéieren.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Delcourt. Domat ass dann d'Diskussioun iwwert d'Motioun Nummer 1 vun der Madamm Delcourt ofgeschloss.

An ech stellen d'Motioun Nummer 1 vun der Madamm Delcourt zum Vott.

***Vote sur la motion 1***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 20, Nee: 40. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Charles Weiler), Paul Galles (par Mme Françoise Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo (par M. Marc Lies), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

***Motion 2***

Da komme mer zur zweeter Motioun vun der Madamm Delcourt. D'Madamm Delcourt wëllt zum Schluss schwätzen. Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen? D'Madamm Minella, fir unzefänken. Madamm Minella.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Merci der Madamm Delcourt fir dës Motioun. Wat den éischten Tiret ugeet vun der Strategie an dem Plan d'action: Ech mengen, dëse Punkt ass hei iwwerflësseg, well d'Ëmsetzung vum Gesetz selwer schonn den Handlungs- a Referenzkader duerstellt.

An den zweete Punkt, wat de Logement abordable ugeet: Do wësse mer, dass d'Regierung schonn intensiv un der Schafung vu bezuelbarem Wunnraum schafft. Mir brauchen hei keng Motioun, fir d'Regierung opzefuerderen, wa se et elo scho mécht. D'Wunnengskris betrëfft déi ganz Gesellschaft an hei gëtt schonn eng breet Pallett u Mesüren op de Wee bruecht, fir d'Offer vu Wunnengen auszebauen. An dofir géif ech hei och menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzestëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Si soss nach Wuertmeldungen zu dëser Motioun? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da froen ech d'Madamm Delcourt. Do ass och keng Wuertmeldung.

Da géif ech dës Motioun zum Vott stellen, also d'Motioun Nummer 2 vun der Madamm Delcourt.

***Vote sur la motion 2***

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 18, Nee: 40, Abstentioun: 2. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme géint 18 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Kemp), Paul Galles (par M. Ricardo Marques), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Laurent Zeimet), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

***Motion 3***

An da komme mer zur leschter Motioun, der Motioun Nummer 3 vun der Madamm Djuna Bernard iwwert de Plan d'urgence en matière d'accueil et d'asile. Madamm Bernard, Dir wëllt duerno schwätzen. Wie wëllt zu dëser Motioun d'Wuert huelen? D'Madamm Minella. Madamm Minella.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Merci der Madamm Bernard fir dës Motioun. D'EU-Direktiv gesäit scho selwer d'Opstellung vun engem Plan d'urgence vir a mat der Adoptioun vum Gesetz gëtt dës Verflichtung geschaf. Et ass selbstverständlech, datt déi zoustänneg Administratiounen un der Ëmsetzung schaffen. De Minister ass och ëmmer an zu all Moment disponibel, fir an d'Chamber ze kommen, fir Informatiounen ze ginn. An déi dräi Invitte vun dëser Motioun betreffen Elementer, déi entweeder schonn am Gesetz virgesi sinn, déi schonn an der Praxis ëmgesat ginn oder déi zum normale Fonctionnement vun de Relatiounen tëschent der Regierung an der Chamber gehéieren. An och hei géif ech da menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzestëmmen.

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Sinn aner Wuertmeldungen do? Den Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, ech mengen eeben, datt se schonn hir Noutwendegkeet huet, well notamment den drëtten Tiret leider

net zum normale Fonctionnement gehéiert têschent Regierung a Chamber, well d'Regierung informéiert d'Chamber net reegelméisseg iwwert den Avancement vun allméiglechе Pläng, déi se am Moment amgaang ass opzestellen. Schéi wier et an ech géif et ënnerstëtzen, wann dat esou wier – net nëmmen an dësem Plang, mee och a ganz villen anere Pläng.

A soulaang dat nach net esou de Fall ass, mengen ech, si mir schonn an eisem Rôle als Chamber, fir dat vun der Regierung anzefuerderen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Madamm Delcourt.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Jo, merci nach eng Kéier fir dës Motioun vun deene Gréngen. Mir wäerten dës natierlech ënnerstëtzen a matdroen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Delcourt. Keng aner Wuertmeldung? Da kritt d'Auteure d'Wuert. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wëll wierklech nach eng Kéier en Accent drop leeën, dass am zweeten Invite och nach eng Kéier explizitt drasteet, d'Zivillgesellschaft hei matanzebezéien. Ech erënneren drun: Bei deene grousse Krise waren et ganz oft eng Croix-Rouge, eng deemoleg Caritas, eng haiteg HUT, Inter-Actions, d'ASTI, déi hei eng ganz aktiv Roll iwwerholl hunn, oft eng ganz schnell Roll iwwerholl hunn. A si hunn eng direkt Erfarung hei gemaach, wéi een an deene Krisesituatioune kann agéieren. Si hu ganz sécher e wichtegen Input. An ech hat weeder an den Erklärunge vum Minister an der Kommissioun nach elo hei esou richteg matkritt, dass e wëlles hätt, d'Zivillgesellschaft och hei bei der Ausschaffung vum Plang matanzebannen.

En huet geschwat vun deene verschidde Ministèren, déi hei bedeelegt sinn. Mee ech mengen, dass d'Zivillgesellschaft wierklech hei hir Wichtegkeet huet. Ech wëll dat wierklech nach eng Kéier ënnerstraichen, och falls Der dann d'Motioun net matstëmmt, da verhënnert et jo awer net, dass Der vläicht heiansdo och op d'Oppositioun lauschtert an dat dann awer hoffentlech wäert maachen.

An da wëll ech awer ganz kuerz awer op deen e bëssen ironesche Saz agoen: „De Minister ass ëmmer disponibel, fir an d'Chamber ze kommen." Ech rappeléieren: Am Oktober hunn ech eng Demande gemaach, fir dass d'Ministeren an d'Chamber kommen. Dat ass nach ëmmer net geschitt. Dowéinst hoffen ech, dass dann hei de Minister disponibel genuch ass, fir an d'Chamber ze kommen.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Domat wär d'Diskussioun zu der Motioun Nummer 3 vun der Madamm Bernard dann ofgeschloss.

An ech géif och dës Motioun zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 3***

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Kuckt nach eng Kéier, ob all d'Procuratioune geholl sinn, wannechgelift. Voilà. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 20, Nee: 40. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmme bei 20 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Ben Polidori), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par M. Laurent Zeimet), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Ricardo Marques), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo (par Mme Françoise Kemp), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Maurice Bauer), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Charles Weiler) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

An domat si mer dann och um Enn vun eiser Sëtzung vun haut ukomm. Déi nächst Sëtzunge si fir de 16., 17. an 18. Juni virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 20.38 heures.)*

# Questions au Gouvernement

## Sommaire


| Objet | N° | Auteur | Page |
|---|---|---|---|
| Conditions d'hygiène et contrôles dans les structures d'accueil pour réfugiés | 3692 | Dan Hardy | 59 |
| Contrôle de la sécurité et de la salubrité dans les structures d'hébergement de l'ONA | 3733 | Djuna Bernard | 59 |
| Remboursements au Fonds national de soutien à la production audiovisuelle | 3750 | Marc Goergen | 60 |
| Soutien financier pour les personnes hébergeant des personnes réfugiées | 3759 | Djuna Bernard | 60 |
| Stagnation des immatriculations de véhicules électriques | 3762 | Joëlle Welfring | 60 |
| Mise en œuvre des compléments pour personnes âgées | 3766 | Nathalie Morgenthaler | 61 |
| Accès à la rééducation et à la réadaptation au Rehazenter | 3769 | Paulette Lenert, Mars Di Bartolomeo | 62 |
| Pressions américaines concernant la réglementation européenne sur la déforestation | 3772 | Franz Fayot | 62 |
| Conditions de travail et sécurité des agents pénitentiaires au Luxembourg | 3783 | Yves Cruchten, Ben Polidori | 63 |
| Fonctionnement et efficacité des commissions des loyers au Luxembourg | 3784 | Mars Di Bartolomeo, Dan Biancalana | 63 |
| Position du Luxembourg sur la proposition « EU Inc » de la Commission européenne | 3788 | Sven Clement | 64 |
| Droit de préemption des communes | 3826 | Marc Goergen | 65 |
| Encadrement des « speed-pedelecs » et adaptation de la législation routière | 3828 | Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten | 65 |
| Plans d'action contre le bruit aérien et absence de sanctions | 3829 | Mars Di Bartolomeo, Claire Delcourt | 65 |
| Adoptions internationales | 3830 | Sam Tanson, Djuna Bernard | 66 |
| Langue de commandement et exigences linguistiques dans l'armée | 3831 | Tom Weidig, Fred Keup | 66 |
| Optimisation de l'alimentation animale comme levier de réduction des émissions d'ammoniac et de méthane | 3832 | Joëlle Welfring | 67 |
| Activités du NSO Group au Luxembourg et liens éventuels avec le Togo | 3833 | Sven Clement, Marc Goergen | 67 |
| Absence prolongée de conseillers communaux sans excuse valable | 3834 | Nathalie Morgenthaler | 68 |
| Ressortissants luxembourgeois engagés dans l'armée israélienne et implications juridiques | 3835 | Franz Fayot | 68 |